



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Session ordinaire 2018-2019

CL/LW

P.V. J 25
P.V. SID 10

Commission de la Justice

Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

Procès-verbal de la réunion du 26 juin 2019

Ordre du jour :

1. Demande de mise à l'ordre du jour du groupe politique CSV au sujet de la position de la CNPD relative à la compatibilité des fichiers et banques de données policiers avec les prescriptions légales et réglementaires
- Approbation du projet de procès-verbal de la réunion jointe du 19 juin 2019
2. Uniquement pour les membres de la Commission de la Justice:
- Approbation des projets de procès-verbal des 05 et 12 juin 2019
3. Divers

*

Présents : Mme Diane Adehm, M. Guy Arendt, M. François Benoy, M. Dan Biancalana, M. Alex Bodry, Mme Stéphanie Empain, M. Franz Fayot, M. Léon Gloden, M. Marc Goergen, Mme Carole Hartmann, M. Charles Margue, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Lydie Polfer, Mme Viviane Reding, M. Gilles Roth, membres de la Commission de la Justice

M. Marc Baum, observateur délégué

Mme Diane Adehm, M. Marc Angel, M. Carlo Back, M. André Bauler, M. Dan Biancalana, Mme Stéphanie Empain, M. Georges Engel, M. Léon Gloden, M. Marc Goergen, M. Jean-Marie Halsdorf, M. Fernand Kartheiser, M. Henri Kox, M. Georges Mischo, membres de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

M. David Wagner
M. Gilles Baum remplaçant M. Max Hahn
M. Eugène Berger remplaçant M. Gusty Graas
Mme Martine Hansen remplaçante Mme Nancy Arendt épouse Kemp
M. Aly Kaes remplaçant Mme Viviane Reding

Mme Jana Barthels, Ministère de la Sécurité intérieure
M. Vincent Fally, Inspecteur général adjoint
M. Gil Goebbels, Ministère de la Justice

Mme Danielle Jeitz, Service juridique de la CNPD
Mme Anouk Kerschen, Ministère de la Sécurité intérieure
M. Thierry Lallemand, Collège de la CNPD
Mme Tine Larsen, Présidente du Collège de la CNPD
M. Philippe Schrantz, Directeur Général Police grand-ducale
Mme Monique Stirn, Inspecteur général de la police

M. Christophe Li, de l'Administration parlementaire

Excusés : M. Roy Reding, membre de la Commission de la Justice

Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Gusty Graas, M. Max Hahn, membres
de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

*

Présidence : M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice

*

1. Demande de mise à l'ordre du jour du groupe politique CSV au sujet de la position de la CNPD relative à la compatibilité des fichiers et banques de données policiers avec les prescriptions légales et réglementaires

- Approbation du projet de procès-verbal de la réunion jointe du 19 juin 2019

Pour le premier point de l'ordre du jour, les membres des commissions parlementaires jugent opportun qu'un verbatim soit dressé. Le lecteur est renvoyé au verbatim ci-joint, qui fait partie intégrante du présent procès-verbal.

Le projet de procès-verbal de la réunion jointe du 19 juin 2019 recueille l'accord unanime des membres des commissions parlementaires concernées.

2. Uniquement pour les membres de la Commission de la Justice:

- Approbation des projets de procès-verbal des 05 et 12 juin 2019

L'approbation des projets de procès-verbal des 05 et 12 juin 2019 a été reportée à une prochaine réunion de la Commission de la Justice.

3. Divers

Aucun point divers n'est soulevé.

Le Secrétaire-administrateur,
Christophe Li

Le Président de la Commission de la Justice,
Charles Margue

La Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure
et de la Défense,
Stéphanie Empain



Monsieur Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

Luxembourg, le 13 juin 2019



Monsieur le Président,

Par la présente, nous avons l'honneur de vous informer que conformément à l'article 23 (3) et (4) du Règlement de la Chambre des Députés, nous souhaiterions voir convoquer une réunion de la Commission de la Justice et d'y voir inviter Monsieur le Ministre de la Justice ainsi que la Commission nationale pour la protection des données (CNPD).

En effet, au vu des compétences attribuées à la CNPD par la loi du 1^{er} août 2018 portant organisation de la Commission nationale pour la protection des données (article 8 1^o), ainsi que la loi du 1^{er} août 2018 relative à la de protection des personnes physiques à l'égard du traitement de données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale (article 61), **il nous semble essentiel de connaître la position de la CNPD sur la question de la compatibilité des fichiers et banque de données policiers avec les prescriptions légales et réglementaires.**

Nous vous prions dès lors de transmettre la présente demande à Monsieur le Président de la Commission de la Justice afin qu'elle puisse être évoquée lors de la prochaine réunion de ladite commission conformément à l'article 24 (1) du Règlement de la Chambre des Députés respectivement afin que Monsieur le Président de la Commission susmentionnée puisse conformément à l'article 23 (2) du Règlement de la Chambre convoquer une réunion de la Commission de la Justice.

Nous vous prions d'agréer, Monsieur le Président, l'expression de notre considération parfaite.

Martine Hansen
Présidente

Gilles Roth
Député

Laurent Mosar
Député

**Verbatim de la réunion jointe du 26 juin 2019 entre la Commission de la Justice
et la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense**

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Voilà! Da géife mer ufänken. Ech begréissenlech alleguerten de Moien. Dir gesitt, ech hunn eng Fläsch Waasser matbruecht, dobausse steet es. Et gëtt e waarmen Dag. Ech hoffen, dass en net ze vill hëtzeg gëtt, mä ...

(Hilarité et interruption)

Ech wëll fir unzufänken eis Gäscht begréissen, an da wëll ech virun allem de Servicer vun der Chamber e ganz décken, e ganz décke Merci ausschätze fir dee Projet de Verbatim, deen elo ënner enger definitiver Form da prett ass. 120 Säiten! Mir haten de Weekend Nationalfeierdag. Ech mengen, et hat net jiddwereen de ganze Weekend, fir ze feieren. An ech fannen dat remarkabel an ech wollt lech a mengem an an Ärer aller Numm Merci dofir soen, och dass dat timingsméisseg esou geklappt huet.

Zwou Saachen: Ech proposéieren dann, wann Der domat d'accord sidd, de Membere vun de Kommissiounen an och deenen aneren, déi zitiiert gi sinn, fir dee Verbatim ze approuvéieren.

Sidd Der mat deem Verbatim, wéi en elo virläit, d'accord?

(Assentiment)

Jo, Merci. Wann dat net esou wär, voilà, dann hätte mer e Problem. Dat ass esou. Merci villmools.

Ech proposéieren, an därselwechter Optik wéi déi leschte Kéier, och de Verbatim vun haut ze froen. Ech hu mer och erlaabt, am Virfeld mat de Servicer an der Chamber ze schwätzen. Déi sinn och d'accord, fir dat an der Suite vun der leschter Woch esou weiderzeféieren. Also dat gëtt elo net eng Regel hei an deenen zwou Kommissiounen, mä an deem heiten Dossier wäert dat dann esou weidergoen.

Da géif ech d'CSV froen, hir Demande ze explizitéieren, déi se den 13. Juni eragereecht huet, fir d'Commission nationale pour la protection des données, vertraueden duerch d'Madamm Tine Larsen an hir Mataarbechter, déi ech hei nach eng Kéier ausdrécklech begréissen, an d'Chamber ze ruffen, fir dass mer kënnen och an der Suite vun der leschter Sitzung eis Froen alleguerte stellen. Ech weisen drop hin, dass dat Froe sinn, op déi et haut wahrscheinlech nach net all definitiv Äntwerte ginn. Mä mir sinn um Punkt: Wou si mer elo, ier déi Commanden, déi och un d'IGP geriicht sinn, ausgeféiert ginn?, fir dass jiddwereen um selwechte Stand ass an och jiddweree Froe ka stellen, déi e wëllt stellen.

Voilà! Den Här Roth fir d'CSV.

M. Gilles Roth (CSV).- Villmools Merci, Här President. Och nach eng Kéier Merci fir déi wierklech gutt Aarbecht vum Här Li a sämtleche Mataarbechter vun der Chamber, dass dee Procès-verbal, de Verbatim vun dräi an eng hallef Stonnen, dass deen a manner wéi enger Woch fir d'Membere vun der Kommissioun disponibel ass.

Dir hutt mech gefrot: „Wat ass d'Motivatioun vun der CSV?“ Jo, mir hunn eng Demande de convocation gemaach, fir déi onofhängeg Dateschutzkommissioun haut an der Sitzung ze héieren iwwert d'Legalitéit an d'Kompatibilitéit mat de Gesetzer vun der Datebank vun der Police.

Mir hu gëschter schonns an dem Plenum ënnerstrach, dass mer erféiert waren an dass mer et bedenklech fonnt un, dass, ouni dass d'CSV dat gefrot huet, ouni dass eises Wëssens no d'Chamberskommissioun vun der Justiz dat gefrot huet, sollt e Procureur général als Observateur, dat heescht als Beobachter, dëser Sitzung bäiwunnen.

Mir hu matkritt haut an engem „Tageblatt“-Artikel, dass Der deklariert hutt als President vun der Kommissioun, dass dat e Mëssverständnis gewiescht wier an dass Der duerfir d'Madamm Solovieff ausgelueden hutt. Dat begrësse mer!

Mir kënnen awer net akzeptéieren, dass an enger Demokratie, wou der Chamber, an absënns den Oppositionsdeputéierten, eng nobel, mä och eng verfassungsrechtlech

Missioun zoukënnt, nämlech d'Regierung ze kontrolléieren, an hirer Exekutioun vun de Missiounen, déi hir zoustinn. A mir hätte gären, Här President, dass mer déi Aarbecht kënne maachen an enger strikter Onofhängegkeet, déi engem Deputéierten zousteet, an ouni Drock vu baussen, vun iergendwelchen Instanze vun der Exekutiv oder vun der Justiz.

A mir kënnen net akzeptéieren an deem Kontext, dass haut de Polizeidirekter an dëser Sitzung ass. A mir géifen Iech bieden - Dir hutt am „Tageblatt“ gesot: „Ich bin kein Jurist, ich habe auch keine Ahnung von Justiz“, mä, Här President, mir ginn awer dovunner aus, dass Der grad wéi Äre Papp en elementaart Verständnis hutt vum Rechtsstat -, mir géifen Iech duerfir bieden, ier mer weiderdiskutéieren, eiser Fuerderung nozekommen, dass de Polizeidirekter net dëser Sitzung bäiwunnt.

Mir hunn awer kee Problem, dass d'Vertrieder vun der IGP bäiwunnen.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Ech wollt ... Ier ech selwer dozou Stellung huelen: Gëtt et Avise vun de Kollegen aus der Kommissioun? Mir kënnen och kuerz ee Moment ënnerbriechen.

Här Bodry wannechgelift.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Vläch fir e puer Prinzipien ze rappeléieren, an da kucke mer, ob mer iergendwéi do eens gi mat der Organisatioun vun eisen Aarbechten.

Bon, effektiv, déi Sitzung hei ass aberuff ginn - dat ass och déi leschte Kéier gesot ginn - mat deem alleinege Punkt eigentlech, fir elo och mëndlech dann d'Explikatiounen vun der Commission nationale pour la protection des données ze kréien, wéi si d'Situatioun och elo gesäit nom Vott vum Gesetz. Si huet jo en offiziellen Avis ofginn am Kader vum Gesetz selwer, wéi dat entstanen ass am Dezember 2017.

Dann ass et üblech, ech mengen, d'Ministeren - ech mengen, et war och d'Suerg, virunzekomme mat eisen Aarbechten -, d'Ministere selwer kënnen haut alle béid net hei sinn, dann ass et üblech, dass d'Ministeren u sech déi Leit bestëmmen, déi si

solle remplacéieren. A priori sinn dat Leit aus de Ministère; dat kënnen och Leit aus concernéierte Verwaltunge sinn.

Duerfir war et fir mech relativ kloer gëschter, dass mer ... Ech muss soen, ech hat déi Invitatioun net gekuckt, wien do alles nach esou mat invitéiert ginn ass a wien net. Wéi ech héieren hunn, dass de Procureur général derbäi ass, dat ass fir mech: De Procureur général ass net e Mataarbechter vum Minister a kann also menger Ansicht no ouni den Accord vun der Chamber selwer - et ass eng Institutioun, déi baussen eigentlech ass - an d'Sitzungen direkt kommen. Ech mengen, dat ass meng perséinlech Meenung.

Bon, d'Polizei, dat ass elo e Grenzfall. Dat ass fir mech elo éierlech e Grenzfall. Mir hate Fäll, et ass scho virkomm an der Vergaangenheet, dass och, wann de Minister net hei war, dass dann u sech Verrieder vun der Police, ob dat elo de Generaldirekter war oder eng aner Verriedung aus der Police, och de Minister mat hei vertratt hunn, nieft engem Member vu sengem Ministère.

Bis elo hu mir hei ni drageschwat, muss ech soen. Mir hunn eigentlech de Ministeren dat ëmmer iwwerlooss, wie si da bestëmmen, fir si ze begleeden an déi Sitzung, quitte dass mer festgestallt hunn, dass d'Zuel vun deene Leit, déi d'Ministere begleeden, d'Tendenz hat a leschte Zäit, zimlech staark an d'Luucht ze goen, wat dozou gefouert huet, dass d'Mataarbechter och schonn d'Halschent vun de Sëtzer ageholl hu vun eise Kommissiounssäll. Wat sécherlech keng ganz gutt Entwécklung ass, soen ech emol hei, wann ech mer déi perséinlech Bemierkung dierf erlaben.

Bon, soudass mer hei an engem Fall si vun op där enger Säit Gepflogenheeten, wou et akzeptéiert ginn ass an der Vergaangenheet, dass och e Minister d'Verrieder vun enger Verwaltung, déi him politesch ënnerstinn, heihinner matgeholl huet an esou Sitzunge respektiv dass déi dann hien och konnten do verrieden. An hei elo an deem spezifesche Punkt, dee mer hei hunn, bon, do hätt ech éischer d'Tendenz, wann hei Parteie wierklech géifen insistéieren, dass d'Generaldirektioun vun der Police net soll bei dësen Diskussiounen derbäi sinn, dass ech éischer géif deem géif uschléissen. An ech mengen, et kann ee verstoen, dass do Problemer vläicht sinn. Mä vläicht sollte mer awer och eis do méi genau Regele ginn an Zukunft, da kommen déi Diskussiounen

einfach hei net op. Fir mech ass awer ganz okay, dass selbstverständlech de Ministère muss kënne vertrauede sinn. An ech fannen och an deem heite spezifische Fall, dass d'IGP, déi momentan net direkt concernéiert ass, quitte dass déi wahrscheinlech jo och Datebanken huet, ...

(Hilarité)

... deemno wat elo eis CNPD do elo zu deem dote Punkt seet, stelle sech nach ganz aner Froen, soudass ech mengen, och well d'Inspection générale de la police déi Missioun jo och vun dem zoustännege Minister kritt huet, fir eng speziell Etüd heiriwwer ze maachen, dass ech géif normal fannen, dass si och kéint weider hei dobäi sinn. Dat ass elo meng éischt Reaktioun.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci, Här Bodry. Den Här Goergen an den Här Berger an den Här Mosar.

M. Marc Goergen (*Piraten*). - Also fir mech war et ganz onerwaart. Ech hunn op d'mannst gehofft gehat, dass déi zwee Ministeren de Moien do wäeren. An ech verstinn och net, dass déi sech iwwerhaupt vertrieede loossen. Dofir war ech elo ganz iwwerrascht, dass déi de Moien net opgetaucht sinn.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Den Här Berger.

M. Eugène Berger (*DP*). - À l'origine war et jo esou, datt d'CSV gefrot hat, fir d'CNPD ze héieren. Dat heescht, dat war d'initial Iddi, wat mer och schonn an anere Kommissiounen haten, datt mer, ech soen emol, e Gremium invitéieren. An dann ass et esou, datt gewéinlech och als Observateur de Vertrieder eventuell vun engem zoustännege Minister oder déi Kommissioun, déi sech mat deem Dossier beschäftegt, vun engem Département ministériel, datt déi dann och do sinn.

Dat heescht, an där Logik do kann ech mech deem uschléissen, wat den Alex Bodry gesot huet, datt natierlech elo, wann ee Verwaltungsdirekter do ass, de Polizeidirekter,

datt dat natierlech schonn dann, dat kann ech verstoen, als méi speziell empfonnt gëtt an datt ech also déi Demande, déi elo formuléiert ginn ass, och kann novollzéien.

Op där anerer Säit, ech mengen, d'IGP, effektiv sinn déi an enger anerer Roll elo hei, soudatt een domadder och manner Problemer hätt. Dat heescht, datt mir eis elo net onbedéngt widderstreuben där Demande vun der CSV.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Den Här Mosar.

M. Laurent Mosar (CSV).- Jo, Merci, Här President. Ech wollt just zwou Remarken awer och nach eng Kéier zu der Prozedur maachen. Ech wëll elo net nach eng Kéier alles dat widderhuelen, wat den Här Roth gesot huet. Just nach eng Kéier: Mir si jo u sech déi, déi gefrot haten, fir déi Sitzung ze kréien, well mer gären d'CNPD géifen héieren. Mir fannen et awer e bësselchen apaart, datt mer dann op eemol herno op enger Invitatioun do eng ganz Rei vu Leit erëmfannen, déi mer net gefrot haten. Ech mengen, dat mannst wier gewiescht, et hätt ee sech hei eng Kéier an der Sitzung ënnerhalen, wien een alles do géif ruffen. Well ech muss lech och soen, ech fannen et relativ penibel fir déi Leit, déi hei elo invitéiert gi sinn, wann déi dann erëm müssen erausgoen.

Dat hätt ee sech alles kënnen erspueren, Här President, wann een am Virfeld iwwert dee Punkt do de vive voix geschwat hätt.

Zweetens wëll ech awer soen, an dat erstaunt eis nach e bësselche méi: Gëschter hu mer protestéiert, direkt wéi mer gesinn hunn, datt de Procureur dobäi war, huet den Här Roth dat gesot. Elo muss ech awer soen, op dëser Invitatioun steet guer näischt vum Polizeidirekter. Et steet net drop, well soss hätte mer och scho gëschter protestéiert, wa mer gewosst hätten, datt de Polizeidirekter invitéiert wär. Mä dee steet hei net op der Invitatioun, soudatt et ëmsou méi erstaunlech fir eis ass, e steet net op der Invitatioun, mir kommen hei de Moien an d'Sitzung, an da sëtzt en do!

Ech maachen elo wierklech net dem Polizeidirekter e Virwurf, mä Dir musst eis als Deputéierte verstoen, datt mer awer do e bësselche Problemer hunn, fir dat do nozevollzéien.

Drëttens, an do wëll ech nach eng Kéier ganz kloer soen, datt mir bei eiser Demande bleiwen, mir hunn absolutt kee Problem, datt d'Madamm Stirn an den Här Fally dobäi sinn. Ech mengen, dat läit op der Hand. Mir hunn awer e Problem, datt de Procureur dobäi ass. A mir hunn an dësem Fall och e Problem, datt de Polizeidirekter dobäi ass, well et jo hei u sech ëm de Polizeifichier ënner anerem geet, an et fir eis wichteg ass, nodeem mer en long et en large d'Meenung vun der Polizei héieren hunn, an ech mengen, déi hate jo hei d'Geleeënheet, alles in extenso ze developpéieren, datt mer elo och d'Meenung dozou vun der CNPD héieren. A mir fannen dat net gutt, muss ech lech soen, wann do awer op där anerer Säit d'Polizeidirektioun an dësem Fall sëtzt.

Duerfir géife mir nach eng Kéier eis Demande widderhuelen: Mir hu kee Problem mat der Polizeiinspektioun, mir hunn allerdéngs e Problem mat der Polizeidirektioun. A mir géifen also nach eng Kéier froen, datt déi Sitzung ouni Polizeidirektioun géif stattfannen.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Den Här Kox hat d'Wuert gefrot, den Här Fayot an den Här Kartheiser.

M. Henri Kox (*déi gréng*).- Merci, Här President. Éischtens d'Form, effektiv kann ee sech Froe stellen, mä ech weess awer net, wou d'Aschüchterung soll sinn, wann de Polizeidirekter soll hei sinn. Ech verstinn awer Är Bedenken. A fir dass mer weiderkommen, mengen ech, kënne mer eis do ralliéieren.

Méi wichteg schénkt et mir awer, dass mer eis Strukturen och innerhalb vun der Chamber dann entspriechend e bësse besser mussen upassen, sou wéi dat och an der Vergaangenheet iwwer verschidden Archiven de Fall ass. An dofir, fir d'Saach, dass mer och kënne weiderkommen, dass mer net hei Geplänkels hunn, et deet mer leed, dass den Här Schrantz muss goen. Mä ech hätt e gären hei gehat, mech hätt en net gestéiert. Merci.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Här Fayot.

M. Franz Fayot (*LSAP*).- Just ganz kuerz. Ech ralliéiere mech un dat, wat den Alex Bodry gesot huet am Numm vun eiser Fraktioun. Et kënnt nach een Aspekt dobäi, dat ass, dass mer hei méiglecherweis e Rapport de contrôleur à contrôler hunn. Et muss ee kucken, wéi d'Attributioun ass tëschent der CNPD an där Autorité judiciaire, en fonction vu wat fir engem Regëster mer eigentlech schwätzen oder wou deen eben drafält, ënnert d'Gesetz vun 2018. Mä et ass, bon, hei kënnt méiglecherweis e Contrôle vun der CNPD op verschiddene vun deene Registeren, wat, mengen ech, raison de plus ass, fir effektiv déi Separatioun do ze maachen.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (*ADR*).- Jo, Här President, villmools Merci. Ech wollt eng Fro stellen, déi d'IGP betrëfft. D'IGP soll elo eng Enquête maachen an dëser Saach. Mir hunn awer hei eng Rei Amendementer, legislativ Dispositiounen geholl, déi der IGP jo selwer d'Méiglechkeet ginn, Enquêtes ze maachen. Mir haten hei Diskussiounen iwwert de Port d'armes, mir haten d'Diskussioun iwwer verschidden aner Attributer aus dem Polizeiliewen, déi se wëlle féieren an och féieren, huelen ech un. Dofir ass fir mech d'Fro: Wéi wäit ass d'IGP hei Juge et partie?

Ech hätt nawell gär eng Erklärung vun der Säit vun der IGP, wéi si mat deem Fichier ëmgaange sinn a wat do konkret elo eigentlech den Interessi vun der IGP ass. Ech ka mer virstellen, datt en Interessenkonflikt besteet. An ech hätt do gär Opklärung, ier mer dann iwwert d'IGP hei Stellung huelen. Merci.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Madamm Stirn, wann Dir direkt wëllt eng Äntwert ginn.

Mme Monique Stirn, *Inspecteur général de la police*.- Merci, Här President. Ech hunn elo d'Fro net richteg verstanen: Mat wéi engem Fichier ëmgaange sinn?

Mir si chargéiert gi vum Minister, an ech mengen, dat wësst Der jo all, dat hu mer jo och déi leschte Kéier, d'lescht Woch presentéiert, fir eng Etüd ze maachen. A mir hu gemengt, et wier wichteg, dass mer haut hei wäeren, fir, justement well mer déi Etüd maachen, all d'Informatiounen ze hunn. Well déi aner Säit jo och vum Minister en Opdrag ginn ass un d'CNPD. Voilà, als Statut d'observateur.

Ech hunn awer elo net verstanen, wat Der wollt soen, well ech effektiv - mir sinn an den Ufanksschrëtt si vun der Etüd - elo näischt wëll soen, wat där Saach géif virgräifen.

M. Fernand Kartheiser (ADR).- Jo, ech kann lech d'Fro nach eng Kéier ganz einfach erklären. D'IGP wollt am Kader vun deene legislativen Dispositiounen, déi mer geholl hunn, fir d'IGP opzestellen an hire Statut ze beschreiwen an hir Kompetenzen ze beschreiwen, eng Rei vun investigative Kompetenze kréien. Déi hutt Der och kritt. Dat heescht, Dir hutt do d'Méiglechkeet, selwer géintiwuer enger Rei vu Leit, inklusiv vun Zivillpersounen, déi mat der Police iergendwéi a Kontakt waren, Enquêtes ze maachen, Zeien ze lueden an esou weider an esou virun.

Ech mengen, d'Fro, déi sech da spontan stellt, ass: Hutt Der Zougrëff op de Fichier central gehat? Wéi wäit hutt Der e benotzt? Dat heescht: Wéi wäit sidd Dir selwer implizéiert an der Problematik? A kënnt Der iwwerhaupt Juge et partie an dëser Fro sinn?

Ech stelle mer déi Fro an ech hätt gär vun lech eng Opklärung doriwwer, wéi d'IGP mam Fichier central vun der Police ëmgaangen ass an deene leschte Méint, an ob Der net do en Interessenkonflikt bei lech selwer hutt an Ärer Verwaltung.

Mme Monique Stirn, *Inspecteur général de la police*.- D'accord. Mir hate virun der Reform, virun der Reform vun der Protection des données hate mir effektiv Accès zu verschiddenen Datebanke vun der Police, zu deenen, fir déi den Direkter responsabel ass. Et ass esou, dass, eist Gesetz ass jo a Kraaft getrueden, also d'IGP-Gesetz ass a Kraaft getrueden den 1. August d'lescht Joer, wann Der do déi Form liest, wéi se a Kraaft getrueden ass, do war och virgesinn, dass mir Accès weider hätten zu den Datebanken, wou den Direkter responsabel ass. Mam Gesetz iwwert den Dateschutz, dat dunn e puer Wochen duerno a Kraaft getrueden ass, ass den Artikel, deen eis

deen Accès ginn huet, ofgeännert ginn, op Avis vun dem Conseil d'État, a mir hu keen Accès op d'Datebanke vun der Police.

Wa mir gären eppes hätte vun der Police, zum Beispill en Extrait vum ELS oder aus enger Datebank, wat och ëmmer, aus enger vun hiren Datebanken, da musse mir dat ufroen. Do sinn eis Artikelen, dat gesitt Der, d'Artikelen 11 an 12. Do steet dran, wat fir eng Dokumenter mir d'office vum Direkter kréien, oder vun der Direktioun vun der Police, respektiv wat mir an eise verschiddene Kompetenze kënnen ufroen.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Ech mengen, déi Äntwert ass kloer an däitlech. Dont acte.

Da géif ech als Konklusioun vun deem Tour de table zéien, dass ech mech beim Polizeidirekter géif entschëllege fir dat Mëssverständnis an him och Merci soen, dass en dat kann esou akzeptéieren, an dass mer dann elo weiderfueren esou, wéi et um Ordre du jour virgesi war.

An ech hunn och net d'Iwwerleeunge vergiess, déi vun de Kollege gemaach si ginn, wéi mer an Zukunft mat deenen ..., wéi mer eis opstellen als Parlament, als Kommissioun par rapport zu Invitéen, déi mer hunn, a par rapport zu de Ministeren.

Här Roth.

M. Gilles Roth (CSV).- Also Merci, Här President. Mir hunn eng Hällewull Froen. Dat si grouss Themekomplexer. Ech ginn dovun aus, dass d'Justizkommissioun net muss um hallwer eelef eriwwer sinn. Sollt dat de Fall sinn, da froe mer, wa mer net fäerdeg ginn, dass mer nach eng zweet Sitzung kënnen heiriwwer hunn.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Mir hunn ewell Gewunnechte kritt.

M. Gilles Roth (CSV).- Jo, Här President, ganz kuerz, ech géif ufänken, an déi Fro un d'CNPD ass Folgendes: Mir hunn effektiv e Gesetz vum 1. August 2018, dat den

« traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale » regelt. Dat Gesetz ass also vum leschte Joer.

Den Artikel 3 vun deem Gesetz gesäit eng Rei vu Prinzipie vir. Ech erlabe mer, se kuerz nach eng Kéier unzeschneiden. Dat heescht, dass Daten, déi e Caractère personnel hunn - a bei de Polizeifichieren ass et dat - müssen traitéiert ginn « de manière licite et loyale ». Si musse Finalitéiten hunn, déi explizitt a legitim sinn. Si müssen adequat, pertinent an net exzessiv sinn. Si müssen exakt sinn a si musse wann néideg « tenues à jour », dat heescht opgefrescht ginn. A si müssen esou gemaach ginn, dass se net onnëtz laang stockéiert sinn. Dat sinn also déi Prinzipien, déi d'Chamber an engem Gesetz festgehalten huet.

An deem Kontext géif ech gärën ufänken an der CNPD dann d'Fro stellen, ob si opgrond vun deene Prinzipien, déi d'Chamber gestëmmt huet, déi also maassgeebend si fir den Traitement vun Donnéeën, ob si der Meenung sinn, dass et net problematesch ass, dass ronn 2.000 Beamten, an dat gouf eis d'lescht Woch vum Här Neuens als Verrieder vun der Police confirméiert, Zougrëff op de Fichier central vun der Police hunn.

Déi zweet Fro ass, ob d'CNPD et net problematesch fënnt, dass souguer Leit, déi fräigeschwat ginn, Affären, déi klasséiert gi sinn, Leit, déi rehabilitéiert gi sinn, dass déi nach weider als suspekt Persounen an deene Fichiere vun der Police stinn.

An deemselwechte Kontext ass d'Fro, ob d'CNPD et net problematesch fënnt, dass hei Daten, an dat ass duerch Uerteeler vum Verwaltungsgericht beluecht, vu Jugendleche vun 12 bis 15 Joer, am Polizeifichier opgelëscht sinn an dass opgrond vun deenen Daten, déi wéi gesot Mannerjäreger concernéieren, do Refuse bei der Police komm si wéinst Astellungen. D'Justiz huet selbstverständlech am Numm vum Verwaltungsgericht decidéiert, dass dat net géif goen.

An dann ass eng leschte Fro an deem Kontext, ob d'CNPD et net problematesch fënnt, dass, esou wéi dat eis confirméiert gouf, souguer wann Affäre verjæert sinn, souguer wa Leit fräigesprach ginn, souguer wa Rehabilitatiounen sinn, souguer wann Affäre klasséiert sinn, wou een also am Rechtsstat Lëtzebuerg - an ech hoffen, dass dat esou

ass - eng Présomption d'innocence huet an déi Faiten nul et non avénu sinn, ob d'CNPD dat net problematesch fënnt an deem Kontext, dass Donnéeën am Fichier central iwwert déi Leit nach Joren, fir net ze soe Jorzéngte stockéiert sinn.

Dat wier eng éischt Serie vu Froen, op déi mer gär kloer an onmëssverständlech Äntwerten hätten.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci, Här Roth. Madamm Larsen.

Mme Tine Larsen, *Présidente du Collège de la CNPD*. - Jo, ech soen lech Merci fir d'Invitatioun fir haut a fir d'Wuert. An ech géif gär drop zrëckkommen, wat ech lech matdeele gelooss hunn, wéi mir d'Invitatioun kruten: D'CNPD huet mat der Reform vum Dateschutz am August 2018 Kompetenze vun der fréierer Autorité de contrôle vum Artikel 17, wéi se am Gesetz vun 2002 iwwert den Dateschutz virgesi war, iwwerholl, gewëssener vun deene Kompetenzen, an awer sécher d'Kompetenz iwwert d'Surveillance vun der Applikatioun vun der Legislatioun iwwert den Dateschutz bei de Police-Fichieren.

Den Här Minister Bausch, deen huet en Avis betreffend de Fichier central vun der Police gefrot. An deen Avis wäert den CNPD och schreiwen. Dat ass eng vun eise Missiounen, fir d'Regierung ze beroden, an dat huele mer ganz eescht a mir wäerten iwwert de Summer versichen, mat der néideger Rou a mat der néideger Déift dësen Avis fäerdegzestellen.

Mir hu schonn en éischte Rendez-vous bei der Police fixéiert. Dat heescht, den Dossier ass en cours. Mir hunn déi éischt Recherchë lancéiert. A mir hoffen, datt mer eisen Avis fir d'Rentrée kënnen presentéieren, e fondéierten Avis.

Haut ass et nach prematuréiert, fir iwwert d'Legalitéit vum Fichier central an anere Fichiere vun der Police ze schwätzen. Mä mir stinn lech natierlech gär mat Erklärungen zum Dateschutzgesetz zur Verfügung, besonnesch den Här Kommissär Thierry Lallemand, dee scho säit 15 Joer an der Matière schafft an do eng ganz grouss

Erfahrung huet. Ech géif mer dofir erlaben, dem Här Lallemand d'Wuert ze ginn, fir op d'Prinzipien anzugehen.

Merci.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Madamm Larsen. Här Lallemand wannechgelift.

M. Thierry Lallemand, *Collège de la CNPD*.- Merci, Här President. Jo, ech mengen, ouni dem Avis elo wëlle virzeäifen, wou mer elo wierklech eng profund Analys musse maachen, verroden ech awer elo kee Geheimnis, wann ech soen, wat mer *an* eisem Avis, wou de Projet de loi zu deem Gesetz adoptéiert ginn ass, gesot hunn. An ech mengen, do kann een dat noliesen. Dat ass och an aneren Avisen, wou mer dat schonn ëmmer gesot hunn. An engem aneren Avis vum Mäerz 2017, wou et ëm d'Reform vun der Police gaangen ass, hu mer eis dozou geäussert. An dann, wéi gesot, zu deem Gesetz vum 2018, wat den Datschutz am penale Beräich an am Beräich vun der Police betrëfft, do hu mer eis och geäussert an eisem Avis vum 28. Dezember 2017.

Wa mir d'Situation juridique analyséieren, da gi mir ëmmer vum héchsten Niveau aus, dat heescht, dem Artikel 8 vun der Mënscherechtskonventioun an dem Artikel 52 vun der Charte des droits fondamentaux vun der Union européenne, fir ze kucken, ob d'Gesetzter präzis genuch sinn oder net. Well d'Jurisprudenz an deem Beräich seet eben, wann eng Ingerence an d'Vie privée vun de Leit stattfënnt duerch de Stat, well de Stat ebe Prärogativen huet, déi anerer net hunn, oder sech Prärogativen eraushëlt, déi anerer net hunn, da kann dat gemaach ginn, awer ënner verschiddene Konditiounen.

An eng vun de Konditiounen ass, dass dat da muss geregelt ginn duerch e Gesetz oder eng Disposition réglementaire. Dat hänkt da vum Ordre constitutionnel vum jeeweilige Land of. A wann een dat da kuckt ... An da seet d'Jurisprudenz och, déi Gesetzter, déi mussen accessibel a previsibel sinn a präzis genuch. An den Degré de précision vun esou engem Gesetz gëtt da gekuckt au cas par cas, an dat ass dann dem Legislateur och seng Aarbecht.

Also et steet ausser Fro, an dat beleet och déi europäesch Jurisprudenz, dass, wann d'Police Traitementer vun Donnéeën mécht, dass dat eng Ingérence an d'Vie privée vun de Citoyenen ass. Dat heescht, da muss ee kucken: Wat seet dann d'Gesetzgebung?

An elo, wann ee kuckt, wat mer vu Gesetz hunn, dat ass dann dat Dateschutzgesetz am penale Beräich a vun der Sécurité nationale, a mir hunn e Policegesetz. An da muss een analyséieren, ob dat präzis genuch ass oder net.

Ech mengen den Artikel 17, Autoritéit, déi virdrun d'Aufgab hat, fir d'Fichiere vun der Police ze iwwerwaachen, huet jorelaang - ech mengen, dat hutt Der och an deene Rapporte gelies, déi mer geschriwwen hunn - jorelaang ëmmer gesot, dass d'Reglement vun '92, dass dat net adaptéiert wier zum haitegen, zu deem Zäitpunkt zu der Legislatioun iwwert den Dateschutz.

Mir sinn och an eise Avis zum Gesetz vum 1. August 2018 zur Konklusioun komm, dass wat elo dat Règlement vun '92 ugeet, ob dat elo adaptéiert op de Fichier central oder net, dat musse mir am Detail nach analyséieren, mä dass op d'mannst dat Règlement, wat hätt sollen d'Traitementer reglementéieren, dass dat net, wéi soll ech soen, dem Degré de précision géif entspriechen, laut der Jurisprudenz, an och d'Direktiv net.

Et kann een och dozou soen, virdrun ..., d'Gesetz baséiert jo op enger Direktiv. D'Direktiv, déi mécht, dass an den EU-Staten harmoniséiert Regele gëllen am Beräich vum Dateschutz, an hei präzis eben am Beräich, entre autres, vum Fichier vun der Police, mat eben, wéi Der gesot hutt, generelle Prinzipien. An da muss ee kucken: Ass dat Gesetz vun 2018, ass dat vläicht net korrekt transposéiert ginn? Dozou hu mer eis och e bësse geäussert an eise Avis. An da muss een elo kucken, dee Fichier central, op Basis vu wat dat ..., vu wat fir enger ..., wéi soll ech soen, ob dat eben de Kritäre vun der Jurisprudenz a vun der Direktiv entsprécht.

Fir e Verglach ze zéien: Deemools, dat Gesetz vun 2002 baséiert och op enger Direktiv, op enger europäescher, och mat Prinzipien. Dat waren déiselwecht schonn deemools an der Direktiv vu '95 wéi elo an där heiter Direktiv. An deemools huet de Legislatuer gesot am Artikel 17 - well et war esou, an där Direktiv war et fräigestallt

den EU-Staten, ob se de penale Beräich mat an den Dateschutz eranhuelen oder net.

De Lëtzebuerger Legislatueur huet de Choix getraff, fir dat ze maachen. Dat heescht, mam Artikel 17 huet e gesot, Dateschutz applizéiert sech och, déi dote Regeln applizéiere sech och am penale Beräich - d'Police, Service de renseignement, Douane. An an engems huet en awer gesot, de Lëtzebuerger Legislatueur, dass déi Traitementer duerch eng Disposition réglementaire sollen autoriséiert ginn. An en huet dann och gesot, wat do an deene Reglementer misst fixéiert ginn, d'Finalitéit, wat fir eng Donnéeën, wien Accès huet, wat d'Durée de conservation vun esou Fichieren ass.

Dat heescht, do gëtt et u sech elo keng grouss Differenz, ausser, dass mer elo wirklech méi eng grouss, eng europäesch Direktiv hunn, déi fir all Memberstate gëllt a wou dann déi jeeweileg Länner en Fonctioun vun hirem penale System eben déi Gesetzer mussen ëmsetzen. An, ech mengen, dat ass elo dat, wat mer wäerte maachen, fir dann iwwert de Summer effektiv deen Avis ze schreiwen, dee mer gefrot gi si vum Här Minister Bausch.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci, Här Lallemand. Den Här Berger hat d'Wuert gefrot.

M. Eugène Berger (*DP*). - Jo. Merci, Här President. Ech hunn eng Fro, wou ech mer an de leschten Deeg e puermol gestallt hunn, wou ech och, wann ech d'Gesetz kucken, wou ech jo selwer Rapporteur war, net ëmmer eens sinn, dat ass: An deem Gesetz, wat d'Matière pénale ubelaangt, do steet jo, datt op där enger Säit d'CNPD kann do kucken, de Contrôle maachen, ob d'Gesetz agehale gëtt respektiv déi grouss Prinzipien. Op där anerer Säit huet een och d'Autorité de contrôle judiciaire, wat da méi kloer soll alles sinn, wat penal ass. Op där anerer Säit huet een ..., am Artikel 1 steet awer och, wann ech dat kucken, dat heescht, och all déi Donnéeën à des fins de prévention et de détection, dat heescht, wou se eigentlech nach net vläicht beim Parquet gelant si vläicht, déi Donnéeën.

An duerfir einfach meng Fro: Wou hält eigentlech do d'Kompetenz vun der CNPD op a wou fänkt déi vun der Autorité de contrôle judiciaire un? Wann ee kuckt, fir do déi Dispositioun ze kontrolléieren. Respektiv, op där anerer Säit, kuckt Der lech eventuell

och ze concertéieren elo, wann Der den Avis schreift, fir och do den Avis vun där Autorité de contrôle ze froen?

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci, Här Berger. Här Lallemand.

M. Thierry Lallemand, *Collège de la CNPD*. - Jo, ech géif mengen, déi Kompetenz ass elo duerch dat heite Gesetz besser delimitéiert, wéi dat virdrun de Fall war. Mä effektiv, mir hunn eng Kompetenz fir Traitementen vun der Police, Geheimdéngscht, Douane, Arméi, fir déi ze kontrolléieren. Mä soubal et da bis bei de Parquet kënnt, wann d'Donnéeën dann do sinn, dann hält eis Kompetenz op, well d'Gesetz seet, mir hu keng Kompetenz fir alles wat Fonction juridictionnelle ass vun de Gerichter. An do hu se ..., de Ministère public ass an d'Gesetz mat erakomm, vu dass déi och schonn an enger Fonction juridictionnelle sinn.

Virdu war dat net esou kloer. Do huet d'Gesetz am Artikel 8 vun den Données judiciaires, wéi soll ech soen, geschwat. An do war dann ëmmer de Problem: Jo, wann dann awer d'Police en Opdrag kritt vun dem Parquet, fir verschidde Saachen d'Enquêtes ze maachen - wou ass dann do d'Limitt ze zéien? Dat war do méi schwierig. Mä hei, mengen ech, soulaang d'Police eppes mécht, kënne mir kontrolléieren. Mä soubal déi Donnéeën dann eriwuer bei de Parquet ginn, dann hält eis Kompetenz op.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Den Här Bodry hat d'Wuert och nach gefrot, an den Här Mosar, an den Här Goergen.

M. Alex Bodry (*LSAP*). - Ech mengen, wann ech dat richtig verstinn, ech mengen, d'Kommissioun bleift och nom Vott, quitte dass d'Chamber mat 57 Stëmmen d'Argumenter vun der Kommissioun net iwwerholl huet. Dat wëll ech nach eng Kéier hei soen. De Legislature, dat si mir elo. Hei geet et jo net elo ... Hei geet et drëm, ob mir als Legislature eigentlech e Gesetz gestëmmt hunn, wat net konform ass zur Direktiv, oder zumindest eng Rei vu Rechtsprinzipien, déi sech degagéieren duerch internationalen Texter, déi d'Mënscherechter protegéieren - wann ech dat richtig verstane hunn.

Ech hunn effektiv nach eng Kéier déi Dokumenter nogelies. Ech war net selwer Member vun där Kommissioun. Dir hutt ..., deemools war et relativ kloer op deem dote Punkt. D'Chamber an de Conseil d'État hu sech driwwer ewechgesat, vläicht d'Chamber à la suite vum Conseil d'État, well de Conseil d'État gesot huet, en huet dann d'Direktiv zitéiert a gesot, et ass eigentlech e Choix national à opérer, ob een dat elo an engem Gesetz méi détailléiert festleet, wéi laang ee Saachen hält a wéi laang ..., dat muss een ëmmer erëm a Fro stellen, ob een nach ka conservéieren, oder ob jeeweils de Responsable du traitement eigentlech dat festleet.

Bon. An de Conseil d'État, ech hunn dat nach nogelies, huet gesot, hien hätt eng nette Préférence fir déi zweet Optioun. An et ass och déi Optioun, déi eigentlech zréckbehale ginn ass an der Chamberkommissioun an déi sech natierlech och dann am Text erëmfënnt. Soudass mer also hei nach wie vor also mat engem Problem konfrontéiert sinn, ob mer d'Direktiv propper ëmgëssat hunn an och ob dat konform ass zu den allgemengen internationalen Normen, déi an deem dote Beräich bestinn.

Sidd Dir der Meenung, a wéi géif dat ... Wat mech e bësse just konfus mécht an där ganzer Diskussioun, dat ass de Fait - Dir hutt virdu gesot, dass effektiv, 2002 ware schonn déiselwecht Prinzipie plus ou moins do am Gesetz vun 2002. Wat jo awer nei ass, dat ass déi ganz Approche, déi changéiert huet par rapport zu den Datebanken insgesamt.

Den Text vun 2002, wou awer och penal Daten da mat drakomm sinn an de Champs d'application, dee war jo opgericht op eng Autorisationsprozedur. Do war et also logesch, dat huet fir jiddweree gegollt, dass een zumindest huet missen notifiéiere respektiv eng Autorisatioun hunn. A fir gewëssen Datebanken ass d'Autorisatioun ebe geschitt iwwer Gesetz respektiv iwwer Règlement grand-ducal. An do ass jo ..., en extraen Artikel huet jo virgesinn, all déi Règlements grand-ducaux déi misste geholl ginn. Bon.

Hei ass jo eng aner Optik vum allgemenge Règlement. Déi huet iergendwéi och hir Repercussioun fonnt elo an dësem Gesetz, wat dann déi Direktiv ëmsetzt. Wou och gesot ginn ass, mir sinn net méi an där Logik vu virdrun, vun Autorisation-speciallen a

vu Règlements grand-ducaux, déi dat mussen ëmsetzen. A mir sinn an eng Richtung gaangen, dass u sech allgemeng Bestëmmunge gëllen an dass et dann um Responsable du traitement ass, fir awer dann - dat muss natierlech konform sinn - sech praktesch ze soen, wat heescht dat doten a mengem Beräich. Wivill Joer mussen déi Donnéeën gehale ginn, wivill Joer muss dat gehale ginn. Wéi mussen d'Leit informéiert ginn. Dat heescht, all déi Froe muss hien eigentlech da bei sech regelen.

Duerfir hunn ech mer d'Fro gestallt, ob déi allgemeng Remark ..., well mer schéngen awer un där Iddi vun den Autorisation-speciallen nach iergendwéi drunzehänken, quitte dass een et schonn net méi esou widderholl hu wéi an deem Avis vum Dezember '17, ob déi nach clavéiert mat där allgemenger Regel, déi awer seet, mir kommen an engem Autorisationsprinzip eraus a mir ginn aus engem Contrôleprinzip eraus an d'Responsabiliséierung vun deenen, déi d'Responsabilitéit hu vun eenzelnen Datebanken.

M. Charles Margue (déi gréng), *Président de la Commission de la Justice*. - Madamm Larsen.

Mme Tine Larsen, *Présidente du Collège de la CNPD*. - Jo. Merci fir déi Fro. Jo, natierlech ass e Paradigmewiessel komm mat der neier Reform. Mir si vun engem Système de contrôle a priori op e Système de contrôle a posteriori gewiesselt. An natierlech wierkt dat zu enger gewëssener Mesure net nëmme fir de Privatberäich, mä och fir den ëffentleche Beräich an och fir déi Base-de-donnéeën, déi ënnert d'Transposition vun der Direktiv « Police-Justice » falen. An an deem Gesetz sinn och vill Artikelen derbäikomm an Obligatiounen un d'Responsables de traitement, déi d'Responsables de traitement virdrun net gebraucht hunn auszuféieren, well dat iwwert d'Reglementer geregelt ginn ass.

Wann eng nei Base de données erstellt gëtt, déi Risike kéint mat sech bréngen, muss eng Dateschutzrisikoanalys gemaach ginn. Wann do Risiken optrieden, déi net kënne mitigéiert ginn, da muss d'Dateschutzkommissioun consultéiert ginn, muss zesumme gekuckt ginn: Wat kënne mer maachen, fir se ze mitigéieren? Mir wëllen net ausschléissen, datt d'Gesetz, wéi et elo ass, ka fonctionnéieren, gekuckt zesumme mam Gesetz iwwert d'Police, wat och d'lescht Joer dann a Kraaft getrueden ass. Mä

dat ass déi Aarbecht, déi mir wëllen iwwert de Summer an aller Déift, déi do noutwendeg ass, maachen.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Den ..., jo, pardon, Här Lallemang.

M. Thierry Lallemang, *Collège de la CNPD*.- Ech wéilt just nach e bësse komplettéieren. Wat awer ass, dat ass, wat den Här Bodry gesot huet, dat stëmmt alles. Et ass awer och esou, wann een elo den RGPD kuckt, also d'Legislatioun mécht en Ënnerscheid, ob et de Privatsecteur ass an ob et e Secteur, ob et Organisme-publicke sinn oder den ëffentleche Secteur.

An den Artikel 6 (3) am RGPD, dee seet och, dass, wann de Stat Traitement huet, dass dat duerch Base-legalle soll virgesi sinn. Wéi wäit dat muss an den Detail goen, doriwwer kann een diskutéieren. Mä op d'mannst, en Traitement soll iergendwou an enger gesetzlecher Basis verankert sinn.

An hei ass eben d'Fro elo, wa mer d'Policegesetz kucken do, déi hunn natierlech eng Base légale, fir hir Missiounen ze erfëllen, elo ass eben d'Fro, Prevention, Recherche d'infraction, Constatation d'infraction, ass dat eng Finalitéit, déi präzis genuch ass oder ass se ze vag, fir verschidden Traitementen kënnen ze maachen? Well ass et previsibel fir de Bierger, wat do alles mat sengen Donnéeën geschitt? Wat sinn d'Regelen do?

D'Grondprinzipie sinn an der Legislatioun dran. Mä déi aner Base-legallen oder Legislatiounen solle sech dorunner dann och konkret ... Wéi soll ech soen? Déi Prinzipie solle konkret dodranner ëmgesat ginn. Well ech kann ..., wann een elo seet: De Responsable de traitement, oft ass dat och ... Wéi soll ech soen? Am Dateschutz gëtt gesot, wien de Responsable de traitement ass. Dat ass deen, deen d'Finalitéiten determinéiert an d'Moyens de traitement, wéi een déi ganz Saach mécht.

An do ass et e bëssen - wéi soll ech soen? -, do ass et esou, wann d'Gesetzer adoptéiert ginn, dann ass dat de Legislateur, dann ass dat net herno de Minister oder en Direkter, deen d'Saachen definéiert, dann ass et u sech de Legislateur, deen am Fong d'Finalitéiten determinéiert huet, an et ass net méi de Responsable de traitement.

An hei wier et u sech esou, dass de Responsable de traitement dann, wann een d'Gesetz esou liest, géif d'Traitementer definéieren, e géif och da soen, wat fir eng Donnéeën, e géif soen, wéi laang dat Ganzt ass. An dat kucke mer elo, ob dat konform ass oder net.

A wéi gesot, de Statsrot mécht Avisen, mir maachen Avisen. Eis Meenung dozou zitt sech wéi e roude Fuedem duerch 15 Joer Avisen, déi mer bis elo geschriwwen hunn an deem Beräich. An ech mengen, do muss een net ëmmer enger Meenung sinn, mä et ass op alle Fall eis Analys, déi mir ëmmer 15 Joer laang gemaach hunn.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci villmools. Ech gesinn, mir si mat der Verdéiwung a mam Austausch gutt ënnerwee. Den Här Mosar.

M. Laurent Mosar (CSV).- Jo, Merci. Merci och Madamm Larsen, Här Lallemand fir déi ganz interessant Explikatioun. Ech wollt iwwregens soen, datt den Här Roth an ech ëmmer mat ganz grousser Opmierksamkeet d'Avise liesen, déi ëmmer exzellent sinn.

Ech wollt awer, wann Der nach eng Kéier erlaabt, vläicht awer och nach eng Kéier op déi Period virun 2018 zrëckkommen. Mir hunn elo relativ vill geschwat vun der momentaner Situatioun. Mä ech mengen, et stelle sech awer och nach eng ganz Rei Froen, wat déi Zäit virun der Adoptioun vun deem neien Datschutzgesetz respektiv och deem neie Polizeigesetz betrëfft. An do hutt Der virdru kuerz gesot, dee Règlement grand-ducal, do wäert Der ëmmer der Meenung gewiescht, datt deen net optimal wär. Dat fënnt ee par ailleurs an all Ären Avisen zrëck, wou Der dat ëmmer erëm geschriwwen hutt.

Dir sidd och, an dat ass eigentlech elo eng éischt Fro, déi ech do wollt stellen, Dir sidd jo och vertruend an der Autorité de contrôle vun der Police. An do hu mer festgestallt, datt do an deenen Avisen 12, 13, 14 a 15 vun der Autorité de contrôle op all déi Problemer ëmmer higewise gëtt, och wou gebiede ginn ass, do misst endlech eppes geschéien.

Mir hu festgestallt, datt 2016 an 2017 keen Avis méi vun där Autorité de contrôle gemaach ginn ass, wou awer Är Leit dra sinn. Mir wollten eigentlech wëssen, ob Dir wësst an eis vläicht och kéint soen, firwat 2016 an 2017 keen Avis vun där Autorité de contrôle do gemaach ginn ass.

A mir géifen och gär vun lech wëssen, vu datt mer jo Är Sensibilitéiten do kennen, do hutt Der lech praktesch d'Fangere wondgeschriwwen, an et ass, wann een dat ëmmer erëm liest, net vill, fir net ze soen: guer näischt, geschitt. Kënnt Der eis vläicht och do soen, ob Dir do awer net um Niveau vun der CNPD emol heiansdo méi fest insistéiert hutt, well jo awer vun lech selwer dat doten ëmmer argumentéiert ginn ass, an et ass näischt approuvéiert ginn?

Ech wëll iwwregens do och emol eng Kéier hei, well gesot gëtt - net onbedéngt elo hei am Kader vun dëser Kommissioun -, datt d'CSV dee Sujet elo eréischt entdeckt hätt, op eng Motioun hiweise vu mengem exzellente Kollege Gilles Roth vun 2016 respektiv 2017, ...

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Charles Margue (*déi gréng*), Président de la Commission de la Justice.- Bleiwe mer bei der Saach!

M. Laurent Mosar (CSV).- ... wou den Här Roth an enger Motioun lech zitéiert huet, an iwwregens, an dat wollt ech och soen, d'Mënscherechtskommissioun zitéiert huet, déi sech iwwert dee Règlement do ganz staark beschwéiert hunn an déi gesot hunn, datt dat do net konform wär par rapport zum Gesetz. Dat heescht also 2016/2017.

Kënnt Dir eis vläicht och soen, firwat datt do awer net mat méi Nodrock och vun lech aus insistéiert ginn ass, datt eng Situatioun, déi Ärer Meenung no, der Meenung vun der Mënscherechtskommissioun no manifestement contraire à la loi war, datt do wierklech iwwer Joren näischt geschitt ass?

Dann zu der Situatioun elo 2018. Ech mengen, mir hunn alleguerte verstanen, wat Är Meenung ass, datt Der wierklech do der Meenung sidd, contrairement zum Statsrot,

datt awer hei misst e Spezialgesetz kommen.

An ech wollt och do nach op ee Punkt hiweisen. Dir hutt dat éischtens am Avis gesot vum Polizeigesetz. Dir hutt awer och gesot an engem anere Projet de loi, dat ass, wat Visupol betrëfft, do sot Der ganz, ganz kloer, ech hunn och nach eng Kéier en Avis nogelies, datt bei Visupol onbedéngt misst e Gesetz kommen. Dofir wollt ech och elo froen, Dir sidd also hei ganz formell, Dir sot emol net, datt et do eng Appreciationsfro ass, mä Dir sot kloer: Bei Visupol, wou et also ëm d'Kamerassurveillance dobausse geet, ass e Gesetz néideg.

Duerfir wollt ech och direkt déi Fro hannendru stellen. Am Moment hu mer kee Gesetz. D'Kamerae fonctionnéieren awer dobaussen. Heescht dat, datt Ärer Meenung no am Moment keng Base légale conforme do ass, wat déi Kameraen do betrëfft?

Ech mengen, dat ass eng wichteg Fro, well hei all Bierger betraff ass. Mir ginn alleguerte gefilmt permanent. Wann ech Är Avise richtig liesen, ech mengen, Dir sidd wierklech Spezialisten a puncto Dateschutz, dann ass dat doten, mengen ech, fir eis alleguerte wichteg, datt mer do eng ganz kloer Äntwert op déi Froe kréien.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci, Här Mosar. Den Här Lallemang.

M. Thierry Lallemang, *Collège de la CNPD*. - Jo, wat d'Rapporte vun der Autorité de contrôle Artikel 17 ubelaangt, dat besteet jo elo net méi. Ech wëll och elo net am Numm ... Also, et ass esou, d'Autorité de contrôle Artikel 17 war zesummegeallt vun dem Procureur général d'État als President oder engem Delegué an zwee Membere vun der CNPD.

Bis zum September 2016 war den Här Georges Wiwenes ...

(Interruption)

... President dovunner. Dunn ass d'Madamm Marie-Jeanne Kappweiler delegéiert ginn, fir d'Presidentschaft ze iwwerhuelen. Elo wëll ech och net, well d'Madamm

Kappweiler och elo net hei ass als Presidentin, an hirem Numm schwätzen, mä wat ech ka soen, ass: De Rapport huet Retard kritt eben och duerch d'Dateschutzreform, woumat mir immens vill ze dinn haten - wéi soll ech soen? - schonn am Virfeld vun der Adoptioun vum Text, an et huet awer och e bëssen domat ze dinn, dass, dat hu mer och an eise Rapporten iwwer all déi Jore gesot, déi Autorité de contrôle de l'article 17 keng Ressourcen a wéineg Moyenen hat. Dat heescht, mir hunn ëmmer gefuerdert, dass mer och en eegene Budget géife kréien, Personal géife kréie fir déi Autoritéit. Deem gouf ni nokomm.

M. Laurent Mosar (CSV).- Entschëllegt! Kënnt Der eis soen: Wou hutt Der dat gefuerdert. Dass mir elo ...

M. Thierry Lallemand, Collège de la CNPD.- An eise Rapporte vum Artikel 17 vun der Autorité de contrôle. An dat ass ee Grond. Mä dee Rapport wäert sech elo ... Dat heescht, mir maachen deem elo fäerdeg, deem ass an der Maach. An dee wäert sech dann iwwert d'Joren 2016, 2017 bis de 24. Mee 2018 (veuillez lire: dréien). Da maache mer dat bis dohinner fäerdeg. A fir de Rescht vum Joer 2018 ass et un der CNPD, fir dann iwwert déi Aktivitéit e Rapport oder eng extra Partie an hirem Rapport annuel ze maachen.

Dat heescht, d'CNPD en tant que tel konnt deemools net wéi méi dorobber hiweisen. Et war un der Artikel 17 (veuillez lire: Artikel 17-Kommissioun), mä och do war de Fonctionnement net onbedéngt duerch e Règlement grand-ducal geregelt, deem och hätt sollen adoptéiert ginn, deem awer ni adoptéiert ginn ass. Mä mer hu mat deene Moyene geschafft, déi mer haten, a mir hunn, wéi Der gesot hutt, an eise Rapporten op verschidde Saachen higewisen.

An ech mengen, dat war eise Rôle, drop hinzeweisen. Mir hate soss keng aner Moyenen, fir do eppes an deem Sënn ze bewegen. Mä et ass awer och esou, dass, wa mir intervenéiert si bei der Police, mir hate regelméisseg och - wéi soll ech soen? - Reuniounen mat der Police, wou mer Saache gekuckt hunn, do dann awer och eppes geschitt ass. Wa mir op d'Mësstänn dann higewisen hunn, wéi, Dir hat éineschters ugeschwat, verschidde Procès-verballen, déi vläicht net hätte missen a verschidde Fichiere sinn, dann ass dat rektifizéiert ginn an do ass dann och eppes geschitt. Dat ass elo net esou, dass guer näischt geschitt ass, mä do, wou et vläicht u gesetzleche Basisse gefeelt huet, konnt och an deem Sënn d'Police näischt maachen. Do ass et dann un der Regierung oder un der Chamber, fir aktiv ze ginn.

Zu Ärer zweeter Fro, wat de VisuPol ubelaangt, do ass et effektiv esou, dass mer elo, well déi Problematik ëmmer méi opkënnt, en Avis d'initiative gemaach hunn, fir ze kucken, wéi Videosurveillance soll stattfannen, wann et awer - wéi soll ech soen? - am Beräich nëmme fir d'Finalité à des fins de sécurité publique ass, dat ass elo net onbedéngt en Avis, fir wa Videosurveillance stattfënnt am private Beräich. Do menge mer, dass dann den RGPD duergeet.

Mä wann et ass à des fins de sécurité publique, hu mer gesot, dass ee muss kucken, oder mer hunn dat analyséiert an da gekuckt a gesot, mir sinn zum Schluss komm, dass do d'Legislatioun misst verbessert ginn a méi präziséiert ginn. Et ass elo net, dass mer gesot hunn, et ass guer näischt do. Dat baséiert schonn op verschiddenen Texter. Mä och do déiselwecht Analys, déi mer gemaach hu mat der europäescher Jurisprudenz, mam Artikel 8 vun der Mënscherechtskonventioun a mam Artikel 52 vun der Charte des droits fondamentaux.

M. Laurent Mosar (CSV).- Kéint ech vläicht do nach direkt eppes Klenges ... Ech hu lo een Avis, deen Dir ...

M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- De Mikro, wannechgelift.

M. Laurent Mosar (CSV).- Do sidd Der zwar relativ formell. Do sot Der ganz kloer: Do muss e Gesetz kommen. Also dat ass elo net, dass Der do souguer sot, dat ass d'Diskussioun. Dir sidd eigentlech do praktesch nach net méi wäit wéi an Ärem aneren Avis. Duerfir wollt ech dat awer nach eng Kéier froen.

An zweetens, Dir sot: Okay, do sinn eenzel Elementer. Ech mengen, hei geet et awer wierklech ëm fundamental Biergerrechter, Rechter vun eis alleguer. Entschëllegt, datt ech dat elo esou soen, do kann ee jo awer elo net soen, do ass e bëssen eppes do. Geet dat am Moment duer, wa muer een do gefilmt gëtt? An do kënne jo eventuell herno Prozesser hifälleg ginn, wa mer do net 100%eg konform sinn. Geet dat Ärer Meinung no elo duer? Oder lafe mer elo schonn e Risk, datt, wann do geklot gëtt, mer eventuell dee ganze VisuPol-System annulléiert kréien op Base vun der Protection des données?

M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- Här Lallemang!

M. Thierry Lallemand, Collège de la CNPD.- Also et ass net esou, dass mir soen, et muss en - wéi soll ech soen? - extrat Gesetz kommen. Mir hu gesot, et muss een eng Base légale oder réglementaire, oder wéi et dann eben ass, hunn an op Basis vun deene Gesetzer, déi elo do sinn, d'Datenschutzgesetz an dann awer och d'Policegesetz, misst ee sech d'Fro stellen, ob do net misst nogebessert ginn, dass dat misst méi präziséiert ginn.

Do hu mer elo net esou konkret gesot, dass dat muss en extrat Gesetz ginn. Mä mir hunn en Avis général gemaach, wat - wéi soll ech soen? - d'Videosurveillance fir d'Finalitéit vun der Sécurité publique ubelaangt. A mir hunn nach en zweeten, ee méi rezenten iwwert d'Gemenge gemaach, well déi Problematik och elo opkënnt, dass ëmmer méi Gemenge wëllen op ëffentleche Plazen à des fins de sécurité publique Videosurveillance installéieren. An do hu mer e spezifeschen och am Beräich vun de Gemengen, wou mer och nach d'Gemengelegislatioun e bësse gekuckt hunn, fir ze kucken: Geet et duer? Geet et net duer?

A mir sinn eben zur Konklusioun komm, dass mer der Meinung wieren - wéi soll ech soen? -, dass dat misst präziséiert ginn. A wéi gesot, mir maachen Avisen, mir maachen net d'Gesetzer. An et ass un de Geriichter, herno, en fin de compte, festzestellen, ob ... Dat ass eng Meinung vun eis, mä et ass awer en fin de compte un de Geriichter, fir festzestellen, ob d'Gesetz konform war oder net.

M. Laurent Mosar (CSV).- Ech géif awer hei elo... ech hätt gär, datt dat aktéiert gëtt hei, d'Konklusioun vum Rapport vun der CNPD zu deem dote Punkt eng Kéier virlesen. An et wär, wéi gesot, och gutt, wann déi herno do steet. Also: « Dans le cadre du présent avis », dat ass also VisuPol, « la CNPD ne peut que réitérer sa recommandation au Gouvernement d'introduire en ce sens un cadre législatif spécifique, lequel pourrait intégrer et clarifier les interactions et les compétences respectives des bourgmestres et de la Police grand-ducale. » Ech mengen, datt dat awer relativ kloer ass. An ech huele jo un, dass Der zu deem Avis nach viru stitt.

M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- Aktéiert gëtt ... Pardon, jo.

M. Thierry Lallemand, Collège de la CNPD.- Kéint ech just froen, wat fir een? Well wéi gesot, et sinn der zwee Stéck. Ass dat doten deen iwwert d'Gemengen, oder ...?

M. Laurent Mosar (CSV).- Hei steet elo, ech liesen lech et vir: « Avis de la

Commission nationale pour la protection des données relatif au recours à la vidéosurveillance par les communes, délibération du 10 mai 2019. » Also ganz rezent.

M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD.- Jo, dat ass am Beräich vun de Gemengen. Do sti mer natierlech zu deem Avis, dee mer do geschriwwen hunn. Mä ech hunn éischer verweisen op deen éischen Avis, dee méi generell ass, an dat wier am Beräich, wann d'Police - wéi soll ech soen? - Videosurveillance mécht.

M. Laurent Mosar (CSV).- Hei setzen och vill Gemengepäpp a -mamme ronderëm den Dësch. Déi si ganz interesséiert, datt se eng kloer Base légale an hire Gemengen hunn.

M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD.- Jo, dat war spezifesch fir de Gemengeberäich. Well do muss een och ebe kucken, wien huet ... oder wien decidéiert. Also dat ass jo d'Gemeng. De Buergermeeschter mam Gemengerot decidéiert vläicht, esou eppes ze maachen. An da muss ee kucken, de Buergermeeschter huet gewësse Missions de police administrative, mä geet dat duer, fir ze decidéieren, ob en dat dann och mécht à des fins de sécurité publique an deem Sënn. An do hu mer ... Do si mer eben zur Konklusioun komm, dass do déi Legislatioun missten awer vläicht adaptéiert ginn.

M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- Okay. Merci. Also et sinn eng Partie Erklärungen aktéiert. Souwisou ass jo alles haut (veuillez lire: aktéiert), doduerch dass mer de Verbatim hunn. An alles, wat virgelies gëtt, ass domadder dann och gekläert. Mer brauchen do net iwwerall "Bold" draus ze maachen, et ka jiddwereen et noliesen.

Den Här Goergen hat d'Wuert gefrot, den Här Bodry an den Här Berger.

M. Marc Goergen (Piraten).- Merci, Här President. Och Merci villmools fir d'Erklärungen zum Dateschutz. Wéi richteg ugeklongen ass, geet et hei ëm d'Biergerrechter. Duerfir hunn ech och nach e puer méi präzis Froen. Et ass d'leschte Kéier ugeklongen, dass an deem Police-Fichier kee Blockage dran ass tëschent den eenzelnen Informatiounen. Ech kéint ... Bon, mir kréien elo eng Kéier eng Informatioun, wéi déi Masken ausgesinn, da kënne mer dat och vläicht méi genau erklären.

Mä do ass et esou, als Beispill, wann een eng Policekontroll huet, da kritt deen och

direkt d'Informatiounen, ob iergendzwousch agebrach ginn ass oder alles, wat an deem Fichier steet. Wéi gesitt Dir dat, well eigentlech vum Dateschutz hier ass et jo net relevant, dass een direkt alleguerten d'Informatiounen kritt? Mir kruten dat esou erkläert, mat Virsicht gesot, dass dat am Moment vum IT-System nach net anescht méiglech wär. Wéi gesitt Dir dat do, dass een net direkt alleguerten d'Informatiounen kritt?

Dann, wat beim Dateschutz och wichteg ass, de Bierger, wann deen ufreet, muss d'Police ëm alleguerten d'Donnéeën erausginn, déi iwwert de Bierger gespeichert sinn? Ass et dem Bierger säi Recht, fir op d'Informatiounen Zougrieff ze kréien, déi do sinn?

Da beim Recht op Vergiessen. Et sti jo vill Saachen dran, wou een ni veruerteelt ginn ass. Huet een do net als Bierger am Dateschutz och e Recht op vergiessen, dass dat net op éiweg gehale gëtt, mä dass do och de Stat an der Pflicht ass, fir dat ze löschen. A wou mer beim Vergiessen sinn: Komescherweis krute mer erkläert, dass de Login, wien dat kucken geet, nëmmen dräi Joer géif gehale ginn, während d'Archive jo vill méi laang gehale ginn, och déi informatesch. Wéi Der do d'Relatioun gesitt tëschent dem Speichern, wie kucken war, dass dat op eemol no dräi Joer fort wär, awer net d'Donnéeën, déi iwwert d'Persoun gespeichert ass. An dann hu mer jo nach ëmmer déi Vorratsdatespeicherung, wien do am Dateschutz déi Konnexioun gesäit, déi d'Police ka maachen tëschent där enger Datebank vun der Vorratsdatespeicherung an dann eben dem sougenannte Casier.

Merci.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci, Här Goergen.

M. Thierry Lallemand, *Collège de la CNPD*. - Wat Är éischt Fro ubelaangt, wat de Fichier vun der Police ugeet, do kann ech esou elo net drop äntwerten. Do musse mir eis och dat méi genau ukucken. Et ass natierlech och esou, et gëtt de Principe de minimisation, dat heescht, nëmmen déi Donnéeën, déi noutwendeg sinn. Mä et muss awer och ..., wéi soll ech soen, d'Police muss och kënne schaffen. Dat heescht, deemno a wéi enger Situatioun, dass d'Police vläicht kontrolléiert, musse scho vläicht

eng Unzuel vun Donnéeën accessibel sinn. Ech mengen, do steet och .., am Police-Gesetz gëtt et een Artikel, wou si e Recht drop hunn, och op aner Datebanken nach vum Stat direkt zouzegräifen. Mä, do kann ech lech elo net am Detail drop äntwerten.

M. Marc Goergen (*Piraten*). - Mä Dir kënnt dat awer nach eng Kéier nokucken, wéi dat genau an där informatiescher Mask ausgesäit. Et ass eigentlech ..., ech hunn och d'Demande un d'Chamber gemaach, dass mir eng Kéier an der Chamberkommissioun gewise kréien, wéi déi Mask herno ausgesäit, wat do d'Informatiounen sinn.

M. Thierry Lallemang, *Collège de la CNPD*. - Jo, ech mengen, mir hunn och elo, wéi d'Madamm Larsen scho gesot huet, e Rendez-vous mat der Police, fir am Kader vun eisem Avis, dass mer och elo genau eis ukucken, wéi deen opgebaut ass, dee Fichier. Well dee Fichier ass opgebaut gi viru laanger Zäit. Deemools war d'IT net wat se haut ass. An Dir wësst och, och wann, wéi soll ech soen, bei grouse Fichieren, och beim Stat, wann do Saache geännert ginn, dat dauert heiansdo Joren, bis een dat hikritt, wéi et soll sinn. Ech mengen, dat kucke mer effektiv.

Wat Är Fro ubelaangt vum Droit d'accès, ass et esou, de Prinzip ass effektiv, dass all Mënsch d'Recht huet op en Accès op seng Donnéeën. Wat elo geännert huet mat der Reform, ass, dass ..., virdru war deen Droit d'accès indirekt. Dat heescht, de Bierger konnt net direkt bei der Police nofroen. En huet missen iwwert déi Autorité de contrôle, Artikel 17, fueren. Elo ass et esou, dass de Prinzip deen ass, dass den Accès direkt ass. Dat heescht, e freet bei der Police no, wat d'Police iwwert hie vun Donnéeën huet. An dann, natierlech, gesäit d'Gesetzgebung awer och Exceptionen vir. Dat heescht, wéi soll ech soen, wann elo eng Enquête amgaangen ass iwwert déi Persoun, da kann et jo net sinn, dass déi Persoun gewuer gëtt, dass eng Enquête iwwert se gemaach gëtt.

Ech mengen, dat sinn eng Rei vun Exceptionen, déi d'Direktiv virgesäit, déi sinn esou ëmgesat am Gesetz. An dann ass et un der Police, ze soen, mir ginn lech déi Informatiounen fir de Moment net.

Dann, wann dat de Fall ass, huet d'Persoun nach d'Méiglechkeet, iwwer eis ze fueren, a mir kucken dann, ob dat Ganzt richteg ass oder justifiéiert war, dass d'Police de

Refus d'accès gemaach huet. Da gëtt d'Persoun awer just vun eis gewuer, dass mer nogekuckt hunn, a méi net. Et gëtt elo net gesot, ob elo alles an der Rei war oder net.

M. Marc Goergen (*Piraten*).- Mä de Fall gesat, et ass keng Enquête am Lafen oder esou eppes, da kann all Bierger higoen an déi Donnéeë froen.

M. Thierry Lallemang, *Collège de la CNPD*.- Neen, et sinn nach aner Exceptiounen. Dat ass ..., dat sinn: « éviter de gêner des enquêtes, des recherches ou des procédures officielles ou judiciaires ; éviter de nuire à la prévention ou à la détection d'infractions pénales (...) ; protéger la sécurité publique ; protéger la ...

Alles dat ..., déi fannt Der am Artikel 14 vum Gesetz.

A wann et och ëm d'Rechter natierlech vun anere Leit geet, déi och da musse protegéiert ginn. Dat heescht, dat ass au cas par cas ëmmer ze kucken, ob d'Police oder de Geheimdénsgsch - oder wien et dann ass - Accès gewären oder net.

Wat den Droit à l'oubli ubelaangt: Och do, deem ass och encadréiert duerch d'Gesetzgebung. Et ass och do net ..., oft gëtt dat elo, wéi soll ech soen, duerch déi Reform war natierlech och vill an der Press. D'Leit sinn natierlech besser informéiert, wat eis natierlech fret, dass se hir Rechte exercéieren. Dat ass geliefte Dateschutz, mä den Droit à l'oubli ass awer och elo net absolutt. Ech kann och elo net de Steiere (*veuillez lire: der Steierverwaltung*) soen, elo läscht Der meng Donnéeën.

Och do ginn et Ausnamen an do muss een da kucken ... Eng Ausnam zum Beispill ass, wann eng Gesetzgebung virgesäit, dass Donnéeë musse während enger gewëssener Zäit gespäichert ginn, kann een net froen, dass am Virfeld dann awer schonn d'Donnéeë geläscht ginn. An do hänkt et dann erëm domadder zesummen, ob eng Gesetzgebung eppes virgesäit vun Durée de conservation oder net oder wann et och erëm drëms geet, fir aner Leit ze schützen, dat hänkt dann ... Wéi gesot, och do ginn et Ausnamen, den Artikel hunn ech elo ... Am Artikel 15 fannt Der déi.

Wat d'Journalisatioun, also d'Loggen ubelaangt, do ass d'Positioun vun der CNPD déi: A ville Gesetzer steet dran, dass wann de Stat Saache loggt, dass dat soll dräi Joer

gehale ginn. Mir hunn an eise leschten Avisen ëmmer gefrot, fir dass dat op fënnef Joer soll eropgoen. Well wann den Dateschützer effektiv gärén hätt, dass d'Donnéeën esou schnell wéi méiglech solle geläscht ginn, ass dat do eng Situatioun, wou mer gärén hätten, dass se méi laang gehale ginn, ebe grad, fir dass de Bierger ka seng Rechter och exercéieren. Well wann dat kuerz gehale gëtt, wann Abuse geschéien, da kann dat net méi bewise ginn. A mir sinn, wéi soll ech soen ... Eis Recommandatioun ass ebe fënnef Joer, well déi meescht Delikter ebe fënnef Joer hunn, d'Prescriptioun ass fënnef Joer, virun allem de Secret professionnel. An an deem Sënn soe mir, da soll op d'mannst während där Zäit d'Méiglechkeet bestoe bleiwen, fir dass de Bierger, wann en en Abus festgestallt huet, kann aktiv ginn an och eng Plainte ka maachen.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci, Här Lallemang. Ech hat den Här Roth dann och nach ...

M. Marc Goergen (*Piraten*). - Et war nach eng Fro.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Pardon, den Här Goergen, da schléisst mer domadder of.

M. Marc Goergen (*Piraten*). - den Internet an d'Vorratsdatespeicherung.

M. Thierry Lallemang, *Collège de la CNPD*. - Et war nach mat der Vorratsdatespeicherung. Do ass et esou, do hu mer jo dat Gesetz vun 2005, wat e puermol ofgeännert ginn ass. Dat baséiert op enger Direktiv. Déi Direktiv, wéi Der vläicht wësst, ass invalidéiert gi vun der Cour de justice hei um Kierchbierg. Dat heescht, d'Gesetz en tant que tel huet keng europäesch legal Basis méi. Mä soulaang e Gesetz - an dat seet d'Cour de justice och - en nationalt Gesetz besteet, bleift et applikabel. Et ass also, soulaang et do ass, et en vigueur ass, ass et applikabel. An dann ass et un de Gerichter herno ze tranchéieren iwwert déi dote Fro oder um Législateur, fir d'Gesetz ofzeschaffen oder ofzeänneren.

An do ass et esou, dass d'Donnéeën u sech bei den Opérateure bleiwen. Si musse fir sechs Méint déi Donnéeën an eng Zort Frigo leeën an nëmme se zur Verfügung stellen, wann eng Enquête judiciaire eben dat ..., wann de Juge d'instruction

ordonnéiert, fir déi Donnéeën ze saiséieren, an da kann dat bis sechs Méint zrëckgoen. Dat ass am Moment d'Situatioun.

M. Marc Goergen (*Piraten*).- Merci.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Lallemand. Den Här Roth, an duerno den Här Bodry an den Här Berger.

M. Gilles Roth (CSV).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech soen och Merci fir déi Explikatiounen. Mä, wësst Der, et ass virdru vun de Buergermeeschtere geschwat ginn an ech sinn e Landjong an do bléist heiansdo de Wand dann e bësse méi rau. Mir hunn elo eng Stonn an zéng Minutten nogelauschtert, wat mer explizéiert kritt hunn. An ech muss lech soen, ech hat lech ganz am Ufank véier ganz konkret Froen gestallt an ech krut op keng, op keng vun deene véier konkrete Froen eng Äntwert!

Dir hutt generell paraphraséiert dat, wat am Gesetz steet. Et misst ee kucken, et misst ee préiwen, et misst een e Rapport schreiwen, wou de Polizeiminister lech dermat chargéiert hätt.

Hei geet et, bei den Daten, déi an engem Polizeifichier sinn, ëm d'Reckemuerch vun de Leit hirer Privatsphär - ëm d'Reckemuerch. An dat, wat Der geäntwert hutt, dat ass net zefridde stellend.

Ech wëll lech just soen, dass mer deeselwechten Dag e Gesetz gestëmmt hu vum 1. August 2018 iwwert d'CNPD, Organisatioun vun där Institutioun, wou Dir Member sidd. An do seet den Artikel 3, dass Dir kee staatleche Service sidd, mä Dir sidd en Établissement public, en Établissement public indépendant doté de la personnalité juridique. Also, Dir sidd net e Service vum Polizeiministère an Dir sidd och net e Service vum Statsministère an Dir sidd och net e Service vun dem Justizministère, mä Dir sidd en onofhängegt Etablissement.

An déi Äntwerten, déi Der gitt, mengen ech, dass déi och net Äre Missioun vum Artikel 8 aus deeselwechte Gesetz entsprechen. Well den Artikel 8, dee seet à propos vun de Polizeifichieren: « contrôle l'application des dispositions et des mesures

d'exécution et veille au respect de celles-ci ; » - dat ass Är Missioun vum Gesetz hier - « (...) ; conseille la Chambre des Députés (...) au sujet des mesures législatives et administratives relatives à la protection (...) des données (...) ; ».

Siwentens: « vérifie la licéité du traitement, et informe la personne concernée dans un délai raisonnable de l'issue de la vérification, (...) ».

Dir hutt virdrun op d'Fro vum Här Mosar d'Kontrollinstanz vum Artikel 17, de Rapport vun 2015, dee sech bezitt op d'Jore vu virdrun, mentionnéiert. An do hutt Der gesot, dat wier den Här Georges Wivenes, sengerzäit President vun dem Conseil d'État a Procureur général d'État adjoint.

Ech ginn dervun aus, dass Der net invalidéiert hutt, als Member vun där Autorité de contrôle, Artikel 17, dat wat de Rapport festgehalten huet. Well wann dat sollt de Fall sinn, hätt ech gären, dass Der dat hei sot, dass Der net mat de Konklusione vum Här Georges Wivenes d'accord waart.

Do hutt Der festgehalten, an ech liesen et nach eng Kéier haart vir: « - que le système de traitement des données » - also et geet ëm d'Polizeifichieren - « figurant dans le journal des incidents de la police est inadéquat par rapport aux règles de la protection des données; » - schwaarz op wäiss geschriwwen.

Zweetens: « - que les rapports dressés par les agents sont enregistrés dans une banque de données globale ouverte à tous les agents sur l'ensemble du territoire; » - geschriwwen.

« - que les agents de police détachés auprès d'autres administrations (...) ont continué de bénéficier de l'accès aux systèmes de traitement des données de la police ; » - geschriwwen.

« - la nécessité d'éliminer les données une fois un rapport ou un procès-verbal a été établi et transmis au parquet ; ». - dat ass, mengen ech, méi wéi kloer.

An: « - la nécessité de limiter les accès d'après le lieu d'affectation des agents et en

fonction de leur grade ; » - dat ass, mengen ech, ganz kloer.

An ech kann einfach duerfir net novollzéien - ech kann et wierklech net novollzéien -, dass Dir net à même waart hei, als Professionnel vun dem Metier ... A mir als einfach Laiejuristen, mir kënnen och liesen, wat fir eng Commentairen iwwert d'Direktiv gemaach goufen, a Bicher, Larciers an anerer, a mir kënnen och liesen, wat do d'Kritäre sinn.

Zum Beispill: Et ass an der Belsch verbuede ginn, et ass an der Belsch verbuede ginn, dass Resultater vun Doping, vun Doping am Vëlo - Dir kennt dat bestëmmt -; et ass gesot ginn, dass dat géint d'Mënscherecht verstéisst, dass déi op engem Internetsite ..., dass d'Coureure mat hiren Nimm géife publizéiert ginn.

Ech menge ganz éierlech, léif Verrieder vun der Datschutzkommissioun, dass Der awer do misst, am Kader vun Ärer Missioun, vun deem Rôle, vun där Organisatioun, déi Der hutt, a vun deene Missiounen, déi d'Chamber am Rechtsstat Lëtzebuerg lech opgedroen hutt, dass Der misst à même sinn, folgend Froen ..., an ech soe se nach eng Kéier, a se komme jo an de Procès-verbal stoen: Fannt Dir et normal, opgrond vun deem wat Der och geschriwwen hutt, Artikel 17, dass et ronn 2.000 Beamte ginn, déi Zougrëff op de Fichier central hunn? Fannt Dir et normal, dass eng Persoun, déi acquittéiert ginn ass, där hir Affär verjäert ass, wou d'Affär klasséiert ginn ass, déi rehabilitéiert ass, dass déi nach weider als suspekt Persoun am Fichier steet? Fannt Dir et normal, dass Donnéeën vu Mineuren an deem Fichier stinn? Ech widderhuelen nach eng Kéier: Kanner vun 12 bis 15 Joer!

Ech krut d'Resultat vun eisem Meedchen aus dem Premièresexamen. Déi ginn net publizéiert am Kolléisch. An da fannen ech et net normal ... An ech fannen et richtig, Pardon, dass dat eng Confidentialitéit huet, mä ech fannen et net normal, dass Donnéeën, déi an d'Reckemuerch vun de Leit ginn, vun dem eenzelne Bierger, à leur insu - ech weess net, wat iwwer mech am Fichier steet, an, ech mengen, ganz vill Bierger am Land, an dass do gemaach gëtt ... Mir musse kucken, mir schreiwen e Rapport an ech weess net Gott wat.

An duerfir ass nach eng Kéier meng Fro: Sidd Dir bis elo nach net saiséiert gi vun

enger Reklamatioun, betreffend vun engem Bierger, oder méi Bierger, am Kontext vun deene Polizeifichieren? Wa jo, wat ass Är Konklusioun an deene Fäll gewiescht?

Une voix.- Très bien !

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Roth. Ech ginn d'Wuert un d'Madamm Larsen.

Mme Tine Larsen, *Présidente du Collège de la CNPD*.- Jo, Merci och. Ech fänken hannen un.

Mir sinn am Fong säit der Akraafttiedung vun den neie Gesetzer just eng Kéier gefrot ginn, wat d'Police-Fichiere betreffen, vun enger Persoun, déi déi al Prozedur applizéiert huet an eis gefrot huet, fir nozefroen, wou mer si drop higewisen hunn, datt si sech direkt un de Responsable du traitement soll adresséieren. Wat mir herno gewuer gi sinn, wat déi Persoun dann och gemaach huet. Mä vun de Bierger selwer ass ..., sinn nach net ..., si keng weider Demanden an deem Kader komm.

Wéi ech gesot hunn, no der Reform, mir haten eng grouss Reform am Mee 2018, déi huet sech konkretiséiert duerch déi Gesetzer vum August 2018. An och fir eis ass et Neiland. Mir hunn eis misse restrukturéieren. Mir krute ganz vill nei Missiounen, national, international. Mir krute ganz vill Ressourcë bäi. Mir versichen eise Missiounen nozekommen a mir wëlle gär all d'Missiounen erfëllen, déi mer hunn, wat och betrëfft, fir d'Chamber ze beroden.

Mir sinn haut net à même, eng konkret Äntwert ze ginn. Mir wëlle fondéiert juristesche Äntwerte ginn. An dofir brauche mir déi néideg Zäit, fir déi och kënnen ze erstellen.

Am Kader vun eisem Avis, dee mer wäerte schreiwen, wäerte mer Äntwerten op Är konkret Froen ginn. Mir wäerten dat mat consideréieren. Mä haut kënnen mir net...

M. Gilles Roth (CSV).- Presidentin, Dir musst endlech ...

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Loosst

wannechgelift d'Madamm Larsen ausschwätzen.

Mme Tine Larsen, *Présidente du Collège de la CNPD*.- ... schwaarz op wäiss ...

M. Gilles Roth (CSV).- Jo, jo! Här President, déi Prozedur...

Mme Tine Larsen, *Présidente du Collège de la CNPD*.- ... Äntwert ...

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Loosst d'Madamm Larsen ausschwätzen, wannechgelift!

Mme Tine Larsen, *Présidente du Collège de la CNPD*.- ... eng schwaarz oder eng wäiss Äntwert op Är véier Froe ginn. Ech hoffen, datt Der dat verstitt. Merci.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Madamm Larsen.

M. Gilles Roth (CSV).- Här President, mir fannen dat bedenklech a mir protestéieren als CSV-Fraktioun géint déi dote Prise de position.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Mir hunn dat aktéiert, wéi et am Verbatim steet. Den ... Wëllt den Här Fayot nach d'Wuert ergräifen, oder? Well e muss fortgoen, duerfir.

M. Franz Fayot (LSAP).- Jo, et deet mer leed. Ech muss um hallwer fort. Et ass gentil, dass Der mech virhuet. Et ass och eng relativ kuerz Fro.

Just, fir nach eng Kéier op déi Diskussioun ronderëm ze kommen, déi den Thierry Lallemand och kuerz ugeschwat huet, op d'Fro vum Alex Bodry, vun der Base légale. Dat ass jo eng Diskussioun, déi ..., dat ass jo u sech ee vun den Haaptpunkten an der Diskussioun - haut an der Zeitung war nach eng Kéier eng Interventioun vun engem Penalist vun der Uni Lëtzebuerg, deen erëm eng Kéier dat a Fro gestallt huet -, dass effektiv hei misst ..., dass misst e speziell Gesetz geholl ginn, fir esou e Fichier, wéi deen heiten. D'Ministeren hu jo an hirer Prise de position missen eng aner Positioun

vertrieden.

Wann ech lech richtig verstinn, dann ass et hei, obwuel mer jo elo an engem anere Schema sinn, an Dir hutt vun deem Paradigmewiessel geschwat, vun engem Contrôle a priori zu engem Contrôle a posteriori, mä hei geet et jo am Fong, ...

Une voix.- Très bien !

M. Franz Fayot (LSAP).- ... wa mer iwwert d'Base légale schwätzen, geet et ëm eng Fro vu Cadrage. Dat heescht ..., an dat, wat Dir préift elo, dat ass fir ze kucken, ob dee Fichier deenen Exigence correspondéiert, déi u sech deene generelle Prinzipie vun de Mënscherechter - Convention européenne des droits de l'homme, Artikel 8, an d'Charte fondamentale - gerecht gëtt.

An dat ..., mä dat ass jo eng Application au cas par cas? Huelen ech un. Net nëmme fir deen heiten, mä fir all Cas de figure. Bon, hei ass et an engem ganz speziell sensibele Beräich. Mä soudass een u sech bei där Fro vun der Base légale am Fong net kann all Kéiers definitiv tranchéieren. Dat heescht, et kann duerchaus sinn, dass dat heiten ..., dass dee Fichier eng suffisant Base légale huet, wann d'Mise en œuvre konform ass zu deene Prinzipie vun der Convention européenne des droits de l'homme, vun der Charte fondamentale. An dat ass, wann ech richtig verstinn, den Objet vun Ärer Analys a vun Ärem Rapport, deen Der da bei der Rentrée ofgitt.

Deen aneren ... Ech mengen, deen aneren Aspekt, deen hutt Der och ugeschwat, dat ass dee vun der Transparenz vis-à-vis vun de Bierger. An, ech mengen, dat ass éischer eng Saach vun dem Vecu oder vu Perception. Do gëtt et jo ..., do muss jo awer d'Police, an och all déi aner Autoritéiten, iergendwann eng Kéier déi Traitementen publéieren, déi se maachen. Dat huet eis den Här Neuens gesot, d'lescht Woch an der Kommissioun.

Dat heescht, do kënnst e Regëster mat all deenen Traitementen, an dee muss verëffentlecht ginn.

Ass dat eppes, wou Der och fir de Moment ... Kuckt Der déi Saachen, wéi schnell dat

gemaach gëtt? Wéi d'Mise en œuvre dovunner geschitt? Gëtt dat och an Ärem Rapport ugeschnidden? Oder ass dat ..., gitt Der dovunner aus, dass dat komplett bei de Responsables du traitement läit?

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci, Här Fayot.

M. Thierry Lallemand, *Collège de la CNPD*. - Jo, fir eng éischt Ausféierung, ass et effektiv esou, dass mer kucken, ob dee Cadrage duergeet am Moment wéi en ass oder net. Ech mengen, et gesäit ee schonn an eisen Avisen, a wéi eng Richtung dass et geet. Ech mengen - hunn ech virdru gesot -, dat war ëmmer eis Meenung.

Wat elo Är zweet Fro ubelaangt mat ... - wat war et elo? -, vun ..., ah jo, mat der Transparenz, jo. Ech mengen, d'Gesetzgebung gesäit vir, dass de Bierger muss informéiert ginn, wat fir eng Traitement dass de Responsable du traitement huet. Elo muss ee kucken, ech mengen, duerfir ass et och haut schwiereg, op konkret Froen eng schnell Äntwert ze ginn, well mer net nëmme mussen den Dateschutz kucken, mä mir mussen och de Rescht vun der Legislatioun kucken. Och eventuell wann iwuer Mineure rieds geet, da musse mer kucken: Wat gëtt d'Gesetzgebung hier? Ech mengen, dat musse mer alles préiwen.

A mir kënnen net haut eng Äntwert ginn. Mir kënnen haut net den Avis schreiwen. Ech mengen, duerfir war d'Zäit ze kuerz, och fir eis méi doranner anzeschaffen. Duerfir musse mer emol bei d'Police goen, fir de Fichier ze kucken. An ech mengen, dat ass eben d'Schwieregkeet, dat musse mer elo kucken. An da kommen Äntwerten an eise Avis, deen da souwisou jo nom Summer, géif ech mengen, disponibel wäert sinn.

An nach eng Kéier, fir op Är Fro vun der Transparenz ze äntworten: Dee Regëster, dat ass e Regëster, deen de Responsable du traitement selwer féiert, deen u sech intern ass. Dat ass fir ze kucken, dee muss dokumentéieren, wat e vun Traitement huet. An dann, wa mir e Contrôle maachen, muss en eis déi weisen. An da kucke mer dat natierlech.

Et ass elo net, dass dee Regëster elo tel quel publizéiert gëtt, mä do muss een d'Artikelen 12 an 13 vum Gesetz kucken, déi soen, wat fir eng Informatioun de Bierger muss proaktiv kréien. Do wäerte mer och kucken, ob d'Police deem nokomm ass, ob et präzis genuch ass, ob et ze generell ass. Ech mengen, dat wäerte mer dann och kucken.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Lallemand. Ech ginn duerno dem Här Bodry d'Wuert. Dann hunn ech op menger Lëscht stoen: den Här Berger, den Här Baum an duerno den Här Mosar.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Bon, ech weess net, ob déi Tournure elo, déi déi Debatt hei kritt, déi beschtméiglech ass. Ech mengen, mir mussen eis alleguerten an de Spiegel kucken.

Ech mengen, et ass plus ou moins gewosst, mindestens zënter 2002, dass dee Règlement grand-ducal vun 1992 net méi honnert Prozent klavéiert mat deenen neie Regeln, déi 2002 erakomm sinn. Bon.

Et ass e Gesetz, wat d'Chamber gestëmmt huet, an d'Chamber huet sech sengerzäit wahrscheinlech net genuch Gedanke gemaach iwwert déi dote Fro.

Et ass hin- an hiergaangen déi Joren drop. Et si Versich gestart ginn, och déi Saach iwwer en neit Règlement ze regelen. Do ass awer ni en Accord fonnt ginn. Et ass menger Usicht no déi falsch Decisioun geholl ginn, da beim ale Règlement stoen ze bleiwen. Et hätt awer missen dann tranchéiert ginn an et hätt missen eng nei Regelung kommen. Dat ass meng perséinlech Appreciatioun.

Déi Avise vun dem Kontrollorgan, déi sinn ëffentlech, zënter laange Joren! Do muss ech d'Chamber ..., well ech mengen, et sinn net nëmmen d'Oppositionen, déi eng Kontrollfunctioun hunn, mä d'ganz Chamber huet eng Kontrollfunctioun. D'Verfassung schwätzt net vun der Opposition, wéi den Här Roth dat virdru gesot huet, mä d'Verfassung schwätzt vum Parlament, natierlech. An d'Parlament insgesamt huet eng Kontrollfunctioun. An déi hu mer, muss ech éierlech soen, net zur Genüge duerchgezunn, jiddwereen hei!

Mir si souguer méi wäit gaangen a mir hunn e Gesetz 2018 gestëmmt, wou relativ däitlech den Avis vun der CNPD do war - et ass nëmmen en Avis, selbstverständlech -, an an der Kommissioun ass, och mat de Stëmme vun der Oppositoun, decidéiert ginn, iwwert deen Avis ewechzegoen.

Also, et kann een net elo maachen, wéi wann elo géifen hei, ech weess net, Saache vum Himmel falen, déi net schonn zumindest awer a gudden Dealer bekannt ware virdrun.

Ech hunn och nach eng Kéier nogekuckt gehat, well mech dat och intrigéiert huet, d'Geschicht mat de Procès-verballen. Wou steet dat dann? Ech hunn et awer nach eng Kéier elo nogekuckt gehat: D'Procès-verballen, déi da vun der Police un de Parquet ginn, déi jo dann do an eng aner Datebank kommen, dat steet u sech am Artikel 18. Dat stoung och am ale Polizeigesetz ënner enger anerer Form dran, dat steet elo am Artikel 18 vum Polizeigesetz vun 2018.

An dee seet: « Dans l'exercice de ses missions de police judiciaire, la Police a pour tâches : ... », fënneftens: « ... de transmettre aux autorités judiciaires le compte rendu de leurs missions ainsi que les informations recueillies à cette occasion. » Dat ass also u sech festgehale ginn. Dass ech dat nach eng Kéier wëll soen. Et ass also eng Missioun vun der Police. Da fält natierlech och den Traitement vun all deenen dote Punkten ënnert d'Gesetz vun 2018.

Nach muss ee kucken, ob déi Regeln da richteg, korrekt applizéiert ginn am Eenzelfall. Dat gëllt fir d'Police, gëllt och fir d'Justiz!

Hei gëtt sech elo braquéiert op dee Polizeifichier. Mir sinn d'leschte Kéier gewuer ginn - däärs war ech mir selwer net esou bewosst -, dass d'Justiz eigentlech nach méi e grouse Fichier huet! Dat heescht, do sinn net nëmmen dann all d'Protokoller dran, déi se vun der Police kréien, mä och nach vun aneren Administratiounen oder Gremie kréien, déi och Enquêtë maachen, déi kënnen eng Rei vu Constate maachen. An déi ginn automatesch dann och un d'Justiz. Déi ginn net onbedéngt un d'Polizei, mä déi

ginn dann un d'Justiz. Do hu mer also och eng riseg Datebank, wou sech prinzipiell äänlech Problemer stelle wéi bei der Police. Déi stelle sech jo net anescht.

An duerfir mengen ech ... An dat mécht d'Saach elo méi komplizéiert fir eis, well do eng aner Autorité de contrôle zoustänneg ass. A wa mer wëllen déi ganz Affär do elo op déi richteg Schinne bréngen, komme mer net derlaanscht, eis och eng Kéier mat där anerer Autorité de contrôle, déi duerch d'Gesetz vun 2018 agefouert ginn ass, an déi zwar net fir d'Polizeidossieren elo direkt zoustänneg ass, mä fir all déi aner Dossieren, déi et en matière pénale gëtt, zoustänneg ass, dass mer eis och mat deenen ënnerhalen.

Well ech wëll et net hunn, dass mer elo fir d'Polizei an eng Richtung ginn a fir de Parquet, deen déiselwecht Donnéeë geréiert, peut-être à une autre finalité, à voir, déi nach méi grouss ass, do géifen op eemol aner Regele festgehale ginn. An ech hunn och nogelies, déi Autorité de contrôle do vun der Justiz, déi jo vun héije Magistraten do, an anerer, wou awer och Memberen, mengen ech, vun der CNPD mat dra sinn, een, ass dat esou, dass déi also och déiselwecht Fonctiounen hunn, déiselwecht Missiounen hunn, déiselwecht Pouvoiren hu wéi eng CNPD.

An ech mengen, dass mer eis also och missten eng Kéier mat deenen ënnerhalen, fir och ze gesinn, wéi si d'Saach aschätzen. A si hunn nämlech och, dat ass interessant, eng Mission de conseil par rapport zu der Chamber, wéi d'CNPD, net nëmme par rapport zu der Regierung, mä och par rapport zu der Chamber.

An duerfir géif ech proposéieren, dass mer och an enger vun deenen nächste Sitzungen eis eng Kéier mat hinne géifen ënnerhalen, fir dass ee kloer gesäit, a wat fir eng Richtung dat do geet. An dass ee plus ou moins awer äänlech Regeln herno hätt, déi sech géifen applizéiere fir déi Datebanken an deenen zwee Fäll, ëmmer natierlech op d'Finalitéiten nach eng Kéier ausgeriicht.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci fir déi Stellungnam, Här Bodry. Dann hätt ech op menger Lëscht den Här Berger nach.

M. Eugène Berger (DP).- Jo, ech hunn elo Pech, Här President, datt den Här Bodry grad viru mir geschwat huet, ...

(Hilarité)

... well dat hei elo och bei mir als bullet point op mengem Ziedel stoung. Ech hat dat och schonn ugedeit bei enger vu mengen éischten Interventiounen, datt natierlech d'Gesetz virgesäit, datt d'CNPD eng Rei Missiounen huet am Kader vun deenen zwee Gesetzzer, well mer eigentlech hei zwee Gesetzzer hunn am Beräich vum Dateschutz, mä datt eben och déi Autorité de contrôle judiciaire Missiounen huet, ebe vun deem Moment un, wou dann déi Donnéeë vun der Police bei de Parquet ginn.

An déi ganz Diskussioun ass jo och eigentlech un d'Rulle komm duerch e konkrete Fall, eng Reklamatioun, déi vläicht net bei der CNPD oder soss gemaach ginn ass, mä déi awer an der Press war, wou eigentlech beim Parquet, wou do eng Contestatioun war. An duerfir kann ech dat nëmmen ënnerstëtzen, respektiv wier dat och eng vu menge Propose gewiescht, fir datt mer och deeselwechten Exercice maachen als Kommissioun mat der Autorité de contrôle judiciaire, déi eben da fir deen Deel Parquet zoustänneg ass.

Vläicht awer nach, wann ech d'Wuert hunn, eng, zwou Froen trotzdeem un d'CNPD elo.

Dat heescht, et ass jo eigentlech, Är Interpretatioun ass kloer. Dir sot, fir déi eenzel Fichiere bei der Police misst all Kéiers e Spezial ..., oder e Spezialgesetz misst déi eenzel Fichieren ofdecken. Dat ass jo eigentlech, wann ech dat richteg verstinn, Är Positioun. Mir haten deemools am Gesetz méi generell dat gefaasst am Artikel 1, wou mer einfach soen: all Donnéeën, déi erstallt ginn à des fins de prévention, de détection, d'enquête an esou weider. Dat heescht, mir hunn dorënner verstanen, datt dat also all déi Donnéeë kéinte sinn, déi och dann net spezifesch mat engem Gesetz nach eng Kéier präziséiert wieren.

Meng Fro ass déi: Am Ausland, ech mengen, do si jo wahrscheinlech äänlech Situatiounen, déi hunn och d'Direktiv, déi aner Memberlänner hu missen d'Direktiv

ëmsetzen. Wësst Dir eventuell, wéi et do gehandhabt gëtt? Ass do och, wéi mir et hei an eisem Artikel 1 vum Gesetz hunn, déi méi generell Klassifikatioun vun all deene Fichieren? Oder ass do och all Kéiers e Spezialgesetz, dat dann déi Fichieren ofdeckt?

An dann nach eng aner Fro, dat ass eigentlech dat, wat d'Leit jo insgesamt och interesséiert, dat ass: Wéi laang ginn déi Fichieren ...? Ob se elo dann iwwert dat Gesetz vun 2018 eng Base légale hunn oder ob Dir dat anescht interpretéiert, egal wéi, déi Fichieren existéiere jo elo an déi mussen traitéiert ginn. Dat muss jo dann och vum Responsabelen definéiert ginn, all déi Prozedure fixéiert ginn. Duerfir ass dat ... Wësst Dir schonn, ob dat bei der Police - respektiv beim Parquet muss een dann eng aner Autoritéit froen -, ob dat scho gemaach ginn ass, respektiv misst dat och an engem Gesetz erëm, wann ee géif esou e Gesetz maachen, wou all déi eenzel Fichiere géifen identifizéiert ginn, misst dat dann och an engem Spezialgesetz gesot ginn, wéi een dermadder misst ëmgoen?

Oder kéint een awer do op dat hei Gesetz vun 2018 zrëckgräifen a soen: Voilà, et ass eigentlech um Responsable du traitement des données, fir dat dann ënner senger Autoritéit ze decidéieren, wéi insgesamt, net nëmme wéi laang se gehale ginn, mä wéi insgesamt mat deenen Donnéeën ëmgaange gëtt? Dat heescht, jo, wie kann d'Fichieren erakucken? Wéi ass déi Prozedur, wann een erakuckt? Wéi laang ginn d'Fichiere gehalen? Ënner wat fir engen Ëmstänn gi se oder musse se zerstéiert ginn?

Merci.

M. Charles Margue, (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Berger. Här Lallemand!

M. Thierry Lallemand, *Collège de la CNPD*.- Jo, natierlech wäerte mir, wa mir deen Avis schreiwen, kucke mer och eng Étude comparative ze maachen, wéi et an anere Länner ass, esou wäit mer dat kënnen, och wann d'Gesetzer sproochlech accessibel sinn, mä mir wäerten och kucken, um europäeschen Niveau vun eise Kolleegen och do Informatiounen ze kréien. Mä wat ech awer elo scho ka soen, ass, dass Frankräich an d'Belsch, dass déi Spezialgesetzter hu fir hir Fichieren.

Wat elo herno den Detail dovunner ugeet an deene Spezialgesetzter, et ass ebe grad dat d'Fro, wou mer kucken. Ech mengen, mir hunn net d'Wourecht gepacht. Mir kënnen och emol falschleien. Mä duerfir gi mer elo nach méi wäit an - wéi soll ech soen? - eiser Analys, wou mer wäerte kucken: Ass och d'Gesetz vläicht op verschiddene Punkten ...?

Dat ass zwar net onbedéngt eise Rôle, fir elo Legistik ze maachen, mä et ass éischer dem Statsrot säi Rôle. Mä Dir sot, de Responsable du traitement, als Beispill, leet ..., et steet am Gesetz am Moment, de Responsable du traitement leet d'Durée fest, wéi laang Donnéeë gehale ginn. D'Direktiv seet: « Les États membres fixent ... » Ass dat richteg transposéiert oder net? Et ass genau dat, wat mer elo kucken am Detail. An dat wäert Zäit huelen.

An duerfir ass et net, wéi d'Madamm Larsen gesot huet, haut schwaarz a wäiss. Mir musse kucken an da wäerte mer dozou eis Meenung äusseren. An et ass eben d'Fro, wann am, dass ee seet: Et ass eppes anescht. Wa mer elo vun engem Fichier schwätzen, deen d'Police iwwer hiert Personal huet, dat ass eppes anescht wéi elo e Fichier, Polizeifichier, wou Donnéeën iwwer Bierger dra sinn. Do ass eben d'europäesch Jurisprudenz kloer. Déi seet: „Dat muss gesetzlech geregelt ginn.“ Wéi wäit am Detail, muss een da kucken, wéi den Degré de précision ass.

An dann ass et eben och um Legislateur, sech d'Fro ze stellen: Decidéiert e Responsable du traitement, wat fir eng Donnéeën e Loscht huet ze collectéieren a wéi en dat wëllt maachen? Dat ass am Moment virgesinn am Gesetz. Et sinn déi Froen, déi mer eis all musse stellen a wou mer herno zu engem Avis wäerte kommen.

M. Eugène Berger (DP).- Just fir ... Här President, eng Fro!

M. Charles Margue, (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- Jo, Här Berger.

M. Eugène Berger (DP).- Dat heescht, nach eng Kéier vläicht, dat heescht, de Moment sinn nach keng esou Prozeduren, wéi ee mat deenen eenzelne Fichieren ëmgeet, ass de Moment nach net bei der Police, besteet nach net, an déi ginn elo

eréischt, oder Dir kuckt dat, an déi ginn eréischt dann definéiert, respektiv ass herno d'Responsabilitéit, wéi déi, oder d'Decisioun, wéi déi dann den Traitement **maachen** a wéi laang se gehale ginn, déi läit awer beim Responsable du traitement. Ech ginn dovunner aus, datt dat bei der Police dann am Endeffekt, esou wéi ech d'Gesetz liesen, den Direkter ass. An do kéint Dir en Avis ginn oder kéint Dir do dem Direkter dann herno soen: „Dat geet net, well dat ass net konform zu dem Geescht vum Gesetz oder der Direktiv.“?

M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD. - Jo, fir op Är lescht Fro ze äntwerten: Jo, dat kéinte mer.

Wat elo d'Prozeduren ubelaangt, ech mengen, mir gi jo och elo bei d'Police. Et ass jo elo net, dass mir elo eng Enquête opmaache géint d'Police. Mir sinn en Avis gefrot ginn an am Kader dovunner gi mer elo emol Informatiounen sammeln a mir ginn eis de Fichier ukucken, dass mer verstinn herno, iwwer wat mer do schreiwen. Well mir sinn een Avis iwwer de Fichier central gefrot ginn.

Wat d'Prozeduren ubelaangt, do gouf et jo awer den Text vun 1992, do ass da gekuckt ginn, sech och dorunner ze halen. An do, wou et net geklappt huet, hu mir, wéi den Här Roth gesot huet, an eisem Rapport dorobber opmierksam gemaach. An do, wou - wéi soll ech soen? -, do sinn och Äntwerte vun der Police komm. Ech mengen, den Accès vun detachéierte Polizisten, do hu mer, an dat wäerte mer elo an eisem Rapport och schreiwen, do hu mer Äntwerte kritt, dass déi Accèsen ewechgeholl gi si vun ..., dass och - wéi soll ech soen? -, dass d'Partie documentaire nei geregelt gëtt, intern, mat hirer Prozedur, do hu mer och Äntwerte kritt.

Et ass net, dass näischt geschitt wier. An dozou stinn ech och nach ëmmer, well ech hunn dee mat ënnerschriwwen, dee Rapport! Ech mengen, do si Saache geschitt. Et ass elo net, dass do elo egal wat geschitt bei der Police, mä deen Abléck, oder déi Kontrollen, déi mir gemaach hunn, do ass dann och ëmmer eppes geschitt.

A si hunn intern Prozeduren. Si hunn och gekuckt, no eise Kriticken, dat ze adaptéieren esou gutt wéi se konnten. Do sinn zum Beispill, am Journal des incidents huet net méi all Polizist Accès op alles. Do ass et herno just, do sinn d'Accèsen esou gemaach ginn,

dass et regional ass. Dat ass elo e Beispill. Ech kann elo net op all eenzel Déngen hei agoen, mä nëmme fir lech ze soen, do, d'Prozedure solle virgesi sinn, jo, a wann déi, an déi kënne mir kontrolléieren, jo.

Et ass eben d'Fro: Wat iwwerléisst de Legislateur engem Responsable du traitement a wat mengt e misst e selwer festleeën, wéi ee staatlecht Organ mat verschiddenen Donnéeën ëmzegoen huet?

M. Charles Margue, (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- Merci, Här Lallemand. Ech hunn de Message verstanen. Och, wéi den Här Bodry gesot huet, de Spigel muss dann de Legislateur selwer sech virhalen, fir ze kucken, wéi wäit mer Präzisioun wëlle verlaangen a wat mer herno reglementaresch iwwerloossen.

Den Här Baum hat duerno d'Wuert gefrot an den Här Mosar. Sinn nach Wuertmeldungen do? Dass mer awer am Respekt vun eise Gäscht a vun eis all vun aneren Aarbechten eis kéinte riichten, wa mer géint eelef oder kuerz no eelef kéinte fäerdeg sinn.

Här Baum!

M. Marc Baum (déi Lénk).- Merci, Här President. Dir hutt gesot: „Spigel virhalen“ an domadder den Här Bodry zitéiert. Do hutt Der, mengen ech, recht. Also och den Här Bodry huet domadder recht.

Et ware 57 Deputéierten, déi dat Gesetz vottéiert hu virun engem Joer, wou mer awer och wëssen, datt dat zum Schluss ganz séier, am Hauruckverfahre gaangen ass, well immens Zäitdrock och war.

Ech mengen och, datt e Spigel virhale bedeit, wëssend ëm d'Komplexitéit an ëm d'Sensibilitéit vun deem, weess ech net, ob net verschidden aner Deputéierten haut géifen anescht domadder ëmgoen. Also do, mengen ech, sollt een effektiv sech selwer de Spigel virhalen. An dozou gehéiert och e Mea culpa, well zu deene 57 hunn och déi zwee Lénk-Deputéiert gehéiert.

Mä ëmsou méi wichteg ass et duerfir, menge mir, wierklech de Funktionement vun deene Fichieren ze verstoen, an och do rejoignéieren ech den Här Bodry, datt mer deeselwechten Exercice onbedéngt maache musse beim Parquet, well éischtens ass eng Affär ronderëm de Parquet den Ulass dozou gewiescht. A wann ech elo nach gëschter oder virgëschter op RTL gelies hu vun engem Geriichtsuerteel, wou lapidar Sätz drastinn, wéi mat Donnéeën ëmgaange ginn ass, déi Elementer waren, déi zu engem Uerteel gefouert hunn, da fannen ech dat relativ haarsträubend. Selwer kann ech et nach net aschätzen. Do brauche mer onbedéngt, onbedéngt Opklärung!

Wat mech awer elo e bëssen, déi Mea culpae virausgeschéckt, wou ech awer muss soen: je reste un peu sur ma faim, dat ass, ech verstinn net genee, wéi, nach ënnert deem ale Regimm, d'Autorité de contrôle, den Artikel 17, wéi déi da wierklech exercéiert ginn ass. Op där enger Säit gëtt et ganz kritesch Avisen, déi hei, zu Recht, zitéiert gi sinn, wou Der iwwer Exploitation an Utilisation vun deene Fichiere schwätzt a sot: „Passt op, dat do riskéiert, keng seriö legal Basis ze hunn.“ An op där anerer Säit bei méi konkreten Nofroe sot Der dann: „Jo, mä duerfir musse mer elo bei d'Police goen an eis de Fichier iwwerhaapt emol ukucken.“ Dat fannen ech, zumindest a mengem Verständnis als Laien, e bëssen awer e Widdersproch.

Och fannen ech et komesch, datt Der op dem Här Roth seng Fro net geäntwert hutt, déi awer, mengen ech, wierklech ganz konkret ass - Mannerjäreger an deem Fichier - , wéi wann Der lech déi Fro elo fir d'éischte Kéier gestallt hätt. Dat ass jo awer eng Problematik, déi sech stellt a wou ech mengen, datt och eng Dateschutzkommissioun sech misst domadder ausenanersetzen.

Also wann Der ... Wéi kann ee sech de Funktionement vun der Autorité de contrôle konkret virstellen? Wéi wäit ass d'Zesummenaarbecht, oder d'Kontrollfunktoun dann, d'Visitte bei der Police, gaangen? Wat war d'Regularitéit, wéi déi Kontrollkommissioun zesummekomm ass? Wann Der eis do vläicht e puer Explikatioune kéint ginn.

An da kommen ech natierlech, well ech wäert mer kënne virstellen, datt dat en Element vun Ärer Äntwert ass, op d'Fro vun de Moyenen, déi Der hutt, déi Der zur Verfügung hutt, fir déi Kontroll och kënnen duerchzeféieren. Dir hutt schonn e puermol drop higewisen, datt se onzoureechend sinn, déi Moyenen, also virun allem d'Personalmoyenen, fir dat kënnen ze maachen. Huet sech déi Situatioun elo zënter

dem 1. August, aus Ärer Erfahrung an aus Ärer Praxis, geännert? Ass et besser ginn oder ass den Drock vun deem, wat vun Iech erwaart gëtt, elo souguer nach eventuell méi grouss an d'Gefor, datt Der déi Kontrollfunktoun net esou kënnt wouerhuelen, wéi Der se eigentlech misst, nach méi grouss?

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- An ech maachen de Saz da fäerdeg, wann den Här Baum erlaabt: d'Fro vun de Ressourcen, déi Dir invoquéiert, déi noutgedrungen hannendrunhänkt, ob déi Iech duerginn oder net.

Madamm Larsen.

Mme Tine Larsen, *Présidente du Collège de la CNPD*.- Jo. Merci fir d'Wuert a fir déi Froen. Mir hunn haut scho gesot: D'Situation légale, de Kader ass e ganz aneren. D'Autorité de contrôle de l'article 17 huet bis de 24. Mee 2018 fonctionnéiert, mä et ass net d'CNPD. Dat sinn zwee verschidden Organer. An den Haaptmotor an der Autorité de contrôle de l'article 17 ass de Procureur général oder säi Representant gewiescht. Dat war de President.

A mir sinn hei net stellvertredend komm, fir iwwert d'Autorité de contrôle judiciaire vum Artikel 17 ze schwätzen. Mir hunn eis och net mam fréiere President concertéiert. An Dir wësst och, datt de President vun där Autoritéit eben am Joer 2016 geännert huet. Du koud en neie President, dee sech huet missen an d'Matière aschaffen. Déi Reform war awer schonn ënnerwee, wéi ugedeit ginn ass, datt déi Autoritéit verschwënnt.

Fir d'CNPD waren déi Aarbechten, déi si da vun der Autorité de contrôle de l'article 17 iwwerholl huet, wierklech nei Funktiounen. D'Leit, déi an der CNPD ugestallt waren, hu sech ni un deenen Aarbechte bedeelegt. Se si vun deenen dräi Leit an haaptsächlech vun dem Här Wivenes an dem Här Lallemand ausgefouert ginn, esou gutt wéi si dat konnten nieft hiren normalen Aktivitéite maachen. Et ware keng Mataarbechter do. Et war kee Sekretär do. Et si keng Jetonen derfir ginn, wéll ech gär präziséieren. D'Aarbecht ass awer gemaach ginn. A si hu sech och net gescheit, fir sech do kritesch ze expriméieren.

Bon, elo ass d'CNPDP fir verschidde vun deene Missiounen zoustänneg. Ech mengen och, datt d'CNPDP sech am Kader vun der Reform net gescheit huet, fir och kritesch Wierder ze soen oder hir Meenung ze soen. Mä d'Situatioun, de legale Kader ass elo en aneren.

A mir hunn en Avis ginn zu engem Projet de loi, deen e puermol ëmgeännert ginn ass. Et sinn Elementer opgegraff ginn, déi mir als Recommandatiounen ginn hunn. Mir hunn déi lescht Versioun net am Kader vun engem Avis appréciéiert a mir hunn en och net am Kader vun engem spezifesche Fichier appréciéiert. Mir wëllen deen Exercice gär en bonne et due forme maachen.

Wat eis Moyenen ugeet, do si mir immens frou fir déi grouss Ënnerstëtzung, do ass och d'Chamber eis eng grouss Ënnerstëtzung gewiescht, vun der Regierung, déi eis d'Moyene ginn huet. Mir hu kënnen opbauen. Mir hu Leit bäikritt, déi ganz motivéiert sinn, ganz vill Aarbecht maachen. Et muss een awer soen, datt dat hei eng spezifescht Matière ass. Do muss een Zäit hunn, fir sech anzeschaffen.

Dëst Joer hu mer nach net kënne vill rekrutéieren wéinst den Douzièmes provisoires, do ware mer e bësse blockéiert. Et ass och net einfach, fir Ressourcen ze fannen. Mä ech wëll do net soen, datt mer net genuch Ënnerstëtzung kréien. Mä et hält seng Zäit, fir dat Ganzt en place ze kréien an déi richteg Leit op déi richteg Plazen a mat där richteger Formatioun an d'Aarbecht ze schécken.

M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD.- Jo, vläicht just fir ze komplettéieren. Et muss een och wëssen, vu wou mer hierkommen. Ech mengen, am Ufank huet d'CNPDP aus dräi Kommissäre bestanen an hat zwou Sekretärinnen. An dat war et. A wann ee sech d'Missiounen ukuckt, déi och schonn 2002 am Gesetz stoungen, ass dat jo net duergaangen. An iwwer all déi Joren hat déi Artikel 17-Kommissioun keen, wéi d'Madamm Larsen gesot huet, eegene Budget, keen eegent Personal. Dat heescht, dat huet dann Zäit an Usproch geholl, déi mer da geopfert hu fir eis Missiounen, an der CNPD op d'mannst. A bei dem Här Wivenes ass dat op d'Zäit gaange vu senger Missiounen.

2007 ware mer dunn zu aacht Leit. Dat heescht, och deemools hu mir mat deene Moyenen, déi mer haten, probéiert, déi Missioun, déi de Gesetzgeber eis ginn huet, esou gutt ewéi méiglech ze exercéieren. An dat ass gaangen. Dat ware regelméisseg e puer Reuniounen, e puer Visitten. Dann hu mer eis de VisuPol méi genau ugekuckt, dann hu mer dozou eppes gemaach. Da verschidde Fichieren.

An dann ass dee ganze Beräich, dat däerf een net vergiessen, dat ass wierklech och opwendeg, den internationale Beräich: Schengener System, de Visa-System, Eurodac, Europol. An all deene Gremie ware mir och vertrauden, déi gemeinsam europäesch Gremien. Dat heescht, dat huet och vill Zäit an Usproch geholl. An an deem Beräich hu mer och bei der Police gekuckt a bei der Douane, ob ... Wéi soll ech soen? Do waren och oft europäesch Enquêtes, déi gelaf sinn, wou mer da participéiert hunn. Dat heescht, mir hu scho mat deene Moyenen, déi mer haten, géif ech mengen, eis Missiounen erfëllt. Mat deene Moyenen, déi mer eben haten.

An ech mengen, elo, wéi d'Madamm Larsen gesot huet, ass d'Situatioun eng ganz aner. Den Artikel 17 besteet jo och elo net méi. Mä elo hu mer, géif ech soen, Moyenen, fir och an deem Beräich, well mer och déi Kompetenz elo kritt hu vum fréieren Artikel 17, där besser nozekommen, wéi dat virdrun de Fall war.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci, Här Lallemand.

Ja?

M. Marc Baum (*déi Lénk*). - Vlächet just, d'Kontroll, also d'Zesummenaarbecht mat der Police opgrond vum Artikel 17, kënn Der eis do, einfach nëmme wat d'Periodicitéit vun de Reuniounen ugeet, iergendeppes soen, wou ee sech dru festhale kann?

M. Thierry Lallemand, *Collège de la CNPD*. - Ben, ech misst dann ... Et misst een dann erëm d'Rapporte liesen, mä dat war awer - wéi soll ech soen? - all Trimester eemol, ëmmer, op d'mannst wat d'Police ubelaangt. A wéi gesot, et ass net nëmme d'Police. Dorënner ass och, dat gëtt dann dacks vergiess, de Geheimdéngscht gefall. Dat war och zum Beispill de "Skandal" mat den Karteikaarten an den Archiven vum

Geheimdängscht.

An da jo, wann Der kuckt, mir waren dräi Joer laang amgaangen. Mir hunn all eenzel Plainte, déi eragereecht ginn ass, oder Demande d'accès deemools mat de Fichiere beim Geheimdängscht nogeprüft. Dat heescht, dat waren iwwer 500 Demanden. Dat hu mer och musse maachen. An dann, d'Douane ass en anere Beräich. Bon, d'Arméi, déi huet do elo net esou vill Traitement, mä alles dat hätte mer misse couvriéiere mat dräi Leit, déi dat am Fong niewelaanscht maachen.

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci fir déi ganz ernüchternd Informatiounen, wann ech dat esou däerf appreciéieren. An awer och fir den Asaz vun deene Leit, déi dat jo dann - wéi soll ech soen? - net cumuléieren, mä nieft hire Missiounen nach maachen.

Den Här Mosar.

M. Laurent Mosar (CSV).- Jo, Merci, Här President. Ech hätt zwou Observatiounen an dann nach zwou oder dräi kleng Froen.

Ech ralliéiere mech hei deem, wat den Här Roth an och de Kolleeg Baum gesot hunn. Ech muss soen, ech hat dat jo och virdru scho gesot, ech liesen ëmmer mat engem grousser Plesier Är Avisen, déi äusserst kritesch sinn. Ech hunn awer d'Impressioun gehat, datt Der haut, kommt, mir nennen dat emol, eng gewësse Frilositéit hei un den Dag geluecht hutt, déi sech net an Ären Avisen erëmfënnt.

An ech géif mech do vläicht un dat rejoignéieren, wat den Alex Bodry virdru gesot huet. Ech mengen, mir sollten eis hei alleguerten de Spiegel virun d'Aen halen. Mä mir sollten awer elo ee Feeler net maachen, an deen adresséiert sech, bien entendu, un eis, mä och un Iech, fir elo nach ze versichen, Saache schéinzmolen. Dir sidd, an den Här Roth huet dat ënnerstrach, een onofhängegt Etablissement. Dir sidd net weisungsgebonnen.

Dir sollt hei kloer Är Meenung soen an zu Ärer Meenung stoen, well Der hutt jo och eng Responsabilitéit. A wéi gesot, ech mengen, et geet hei elo net drëm, ob een do

wëllt een an eppes erarappen oder net, mä et geet hei wierklech drëm, een Avis ze maachen, deen d'Strooss hält, egal ob een do enger Chamber, enger Regierung oder Regierungen eventuell dann op de Schlips trëppelt.

Zweet Observatioun: Ech fannen et awer e bësse gelungen, an dat hat ech och schonn d'leschte Kéier hei ënnerstrach, deen Avis ass elo eréischt gefrot gi vun der Regierung. Elo! Ee Joer, Här President, nodeem dat Datschutzgesetz a Kraaft ass.

M. Gilles Roth (CSV).- D'Question parlementaire.

M. Laurent Mosar (CSV).- Mer hunn also d'Gefill, an dat wollt ech froen: Wann dat net op eemol an der Ëffentlechkeet gewiescht wär a wann den Här Roth an ech an och aner Kolleegen déi Froen do net gestallt hätten, wär da keen Avis ugefrot ginn? A firwat hu mer hei ee Joer Zäit verluer?

An engem extrem wichtege Gesetz, wat „applicable directement“ ass, verléiere mer ee Joer, wann ech dat richteg verstinn, wou näischt geschitt. An elo eréischt, dank den Interventiounen vu ville Leit, ginn dann op eemol vun der Regierung Avisen ugefrot an Dir maacht déi Avisen. Erlaabt eis awer, datt dat dote méi wéi verwonnerlech ass.

Dann nach eng oder zwou Froen.

Ech hunn e bësse erausgespuert aus Ären Aussoen, Här Lallemand, datt Der gesot hutt ... Bei deenen Autorité-de-contrôlen hutt Der ëmmer gesot: Jo, dat ass d'Justiz, mer sëtzen eigentlech do ... Der hutt et e bësse esou ausgedréckt: Mir hunn eigentlech do net vill ze soen, d'Responsabilitéit ass bei der Justiz an déi huet sech dodrëm gekëmmert.

Ech hunn elo gesinn, an da komme mer op dat, wat och scho virdrun hei gesot ginn ass: Ech hunn d'Kompositioun vun der Autorité de contrôle judiciaire gekuckt an do sëtzt vu sechs Leit just een eenzege vun der CNPD dran. Een eenzege! A mir fannen dat wierklech ganz onglécklech. Hei kontrolléiere Leit ...

M. Alex Bodry (LSAP).- ... déi do sëtzen all mat gestëmmen!

M. Eugène Berger (DP).- Der hutt se awer alleguer gestëmmt!

M. Laurent Mosar (CSV).- Jo, mä Här Bodry, mer hu lo virdru gesot, mer sollen eis de Spigel virun d'An ...

(Interruptions)

Ech mengen, datt dës ...

M. Alex Bodry (LSAP).- Der hutt de Spigel schonn erëm ewechgeluecht!

M. Laurent Mosar (CSV).- Jo, ech mengen, kommt, ...

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Mer schaffe weider. Kommt!

M. Laurent Mosar (CSV).- ... mer halen elo wannechgelift domadder op, een deem aneren hei wëllen ze soen ...

Une voix.- Nit gären ...

M. Laurent Mosar (CSV).- Mer maachen hei wierklech ee Constat, egal wien elo schëlleg a wien net schëlleg ass. Mir hunn, da kommt, mer soen eng kollektiv Responsabilitéit. Den Här Baum huet et gesot. Mä kommt, wannechgelift, mer halen elo op, ee permanent op deem aneren ze weisen.

Mer stelle fest, datt an där doter Kompositioun een eenzege Verrieder vun der CNPD sëtzt a fënnef Verrieder vun der Juridictioun. An do stellt sech fir eis eng fundamental Fro: Hei kontrolléiert d'Justiz sech de facto selwer. An dat kann an engem Rechtsstat net sinn. An ech wollt lech do einfach och déi Fro stellen, wéi Dir dat do gesitt, notamment par rapport zu Ären Aussoen, datt dat éischer d'Justiz wär, déi do federführend wär. Fannt Der dat dote glécklech, déi Kompositioun?

En plus muss ech lech soen, wat mech hei stéiert bei där Autorité de contrôle, an do wollte mer lech och déi Fro stellen, bei där anerer Autorité de contrôle vun der Police, do steet dran, datt déi musse regelméisseg Rapporte maachen. Hei steet dat net dran. Dat heescht, de Public, de Bierger gëtt iwwerhaapt emol net gewuer, wat hei geschitt.

Dann ee leschte Punkt, wou ech awer nach eng Kéier wollt drop zrëckkommen, well en eis awer e bësse rose mécht. An entschëllegt, datt den Här Roth an ech do e bësse méi schaarf sinn. Den Här Roth huet lech déi Fro gestallt, wat Är Appreciatioun wär zu deenen iwwer 2000 Beamten, Polizisten, wien och ëmmer, déi een Accès op de Fichier hunn.

An Der hutt geäntwert, Dir kéint dat am Moment net soen, Der misst dat elo à la lecture vun deem Gesetz kucken. Do wëll ech fir d'Éischt emol soen, an do sinn ech och net mat Ären Ausféierungen d'accord, 2002 stounge scho ganz, ganz vill Konditiounen an deem Gesetz, op déi Der ëmmer erëm opmierksam gemaach hutt, déi net duerch d'Gesetz vun 2018 ausser Kraaft gesat gi sinn, au contraire, déi sinn nach verstärkt ginn. Et kann een also elo net soen: Mir entdecken elo emol d'Gesetz vun 2018, dat ass total anescht wéi dat vun 2002. Do si ganz vill Dispositiounen, déi sinn integral iwwerholl ginn an déi si souguer nach verstärkt ginn.

An elo kommen ech awer op dee Punkt, deen eis wierklech rose mécht. Dir hutt hei geschriwwen, an ech liesen et elo nach eng Kéier vir an ech hätt elo gären eng kloer Äntwert, Här Lallemand: « Que les rapports dressés par les agents sont enregistrés dans une banque de données globale ouverte à tous les agents [- à tous les agents ! -] sur l'ensemble du territoire. »

Dat heescht, Der hutt schonn 2015 kritiséiert, datt déi Rapporten, déi an deene Banque-de-donnéeë sinn, eigentlech u praktesch jiddweree ginn. An et steet och nach eng Kéier hannendrun, dat liesen ech och nach vir: « La nécessité d'éliminer les données une fois un rapport ou un procès-verbal a été établi et transmis au parquet. » Ech mengen, dat ass eng Suerg, déi ganz vill Kolleegen hei an och ausserhalb vun deem Haus hunn, datt och do Saache mussen eliminéiert ginn.

Ech froen lech elo nach eng Kéier, den Här Roth huet lech gefrot: Stitt Dir nach do derzou, zu deenen zwou Aussoen? A wa jo, géife mer awer wierklech gär wëssen, firwat datt do näischt geschitt ass.

Une voix.- Näischt geschitt.

M. Laurent Mosar (CSV).- Well dat huet strictement näischt mam Gesetz vun 2018 ze dinn. Mer wousste schonn 2012, 2013, 2014, 2015, datt iwwer 2000 Beamten een Accès hätten. Mer woussten, datt keng Rapporten a Procès-verballe géifen eliminéiert ginn. Mer kucken awer, soe mer alleguer, Der awer och kuckt no, an da sot Der eis elo op eemol: Jo, 2018, elo ass d'Welt eng ganz aner. Der sidd jo awer mat eis d'accord, datt dat alles net ganz logesch ass.

M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- Här Lallemand, wannechgelift!

M. Thierry Lallemand, Collège de la CNPD.- Jo, fir op Är lescht Fro ... Ech hu gesot, dass ech zu deem stinn, wat hei drasteet. Ech hunn, wéi gesot, dee Rapport mat ënnerschriwwen. Wat Der virgelies hutt, do geet et net ëm de Fichier central, do geet et ëm de Journal des incidents, dat ass eppes ganz anescht.

Dat heescht, et däerf een elo och net alles vermëschen. Mer sinn elo gefrot gi fir een Avis iwwert de Fichier central.

M. Gilles Roth (CSV).- Dat ass ganz falsch.

Une voix.- Dat ass falsch.

M. Gilles Roth (CSV).- Dat ass falsch! Entschëllegt, da liese mer et nach eng Kéier a mer hätte gär eng kloer Äntwert. Mer sinn nit d'accord, dass d'Sitzung eriwuer ass, bis dass mer eng kloer Äntwert dorobber hunn. « La nécessité d'éliminer les données une fois un rapport ou un procès-verbal a été établi et transmis au parquet. »

D'lescht Woch huet op dëser Plaz den Här Neuens confirméiert, dass déi Donnéeën net gelöscht ginn, mä dass se bei hinnen an hiren Datebasë stoe bleiwen. An d'Fro ass ganz konkret ...

M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD.- Kënnt Der mer vläicht just genau de Passage soen, fir dass ech deen och hei kann noliesen?

M. Gilles Roth (CSV).- « La nécessité d'éliminer les do... »

M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD.- Op wat fir enger Säit?

M. Laurent Mosar (CSV).- Op der éischter Säit.

M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD.- Op der éischter Säit?

M. Laurent Mosar (CSV).- Et ass op der éischter Säit.

M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD.- Ech weess net, ob dat ...

M. Gilles Roth (CSV).- Nee, dat ass ... Mer hunn hei d'Question parlementaire.

M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD.- Jo. Dat ass awer net de Rapport, dee mer geschriwwen hunn.

M. Gilles Roth (CSV).- Mer hunn deen awer.

M. Laurent Mosar (CSV).- En ass awer ... Mer verséieren en.

M. Gilles Roth (CSV).- Da verséiere mer de Rapport nach selwer, also kommt dat elo net ...

M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD.- Also Der hutt virgelies: « ... les rapports dressés [tous les jours] par les agents ... ». Dat ass an engem Paragraf, wou mer iwwert de Journal des incidents an eisem Rapport schreiwen. Do geet et net ëm de

Fichier central, mä de Journal des incidents. Dat ass nach eppes ganz anescht, wat d'Police ... An dat ass elo ersat ginn duerch den Einsatzleitsystem. Dat heescht, do hu mer...

Do steet jo dann och, wann ee weiderliest, dass mer d'Piste-de-réflexionen deemools der Police mat op de Wee ginn hunn. Mer hunn deemools nogefrot: Wéi ass et dann elo mat eise Recommandatiounen, déi mer lech ginn hunn? Dunn hu mer och eng Äntwert kritt. An déi Äntwert wäert Der elo erëmfannen an deem nächste Rapport, deen dann elo wäert kommen.

A fir ze soen, nozekucken. Der musst och kucken, Artikel 17 hat keng aner Moyens d'action, wéi dass mer just e Rapport geschriwwen hunn a mer konnte Saache rektifizéieren a Fichieren oder ordonnéieren, fir ze soen, elo gëtt dat doten esou an esou gemaach. Mä méi Moyenen hat déi Artikel 17-Kommissioun net. An et ass elo eréischt säit e puer Méint, dass d'CNPD déi dote Kompetenz geierft huet mat ganz anere Moyenen, déi mer elo hunn.

M. Gilles Roth (CSV).- Mä déi hutt Der awer während engem Joer net agesat. Dat ka jo net sinn, sorry.

M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- Madamm Larsen, äntwert dorop!

Mme Tine Larsen, Présidente du Collège de la CNPD.- Jo, mer sinn eng onofhängeg Institutioun. Mer wëlle gär Äntwerte ginn. Mer wëllen d'Äntwerte ginn, wa mer prett sinn. Dir stellt engersäits ganz präzis Froen, anerersäits awer Froen, déi eng Recherche necessitéieren. Wie sinn déi 2000 Leit, déi Accès hunn? Mer wëssen ...

Mer hunn déi Zuel héieren, mä mir géife gär bei der Police kucken, wie schafft a wat fir engem ...

M. Gilles Roth (CSV).- Mä Dir braucht nëmmen de Rapport vun haut ze liesen, Madamm, do steet et dran. D'Police huet dat confirméiert. Dat steet an allen Zeitungen

zënter leschter Woch, dass niewent den OPJen nach 600 APJen Accès zu där Datebank hunn. Dat steet ... Dat ass iwwert d'Medie gelaf virun enger Woch.

Mme Tine Larsen, Présidente du Collège de la CNPD.- Merci fir déi Präzisioun. Mer musse kucke goen, wat déi Leit konkret maachen. Den Här Lallemand huet gesot, et gi verschidde Fichieren. Et ass fréier de Journal des incidents ginn, et ass de Fichier central ginn. Et ass leider ni, souwäit mer wëssen, ee Fichier ginn, dee wierklech dem Règlement vun 1992 entsprach huet. Dat eenzegt, wou et een Text gëtt, huet net existéiert. An der Zwëschenzäit an och säit 2016, wou mer déi leschte Kéier offiziell bei der Police an deem Kontext waren, ass ganz vill geschafft ginn. Den Här Lallemand huet den Einsatzleitsystem erwänt. Dir hutt och d'Gesetz iwwert den digitalen Funk gesinn passéiere mam RENITA, wou dës Thematik och traitéiert ginn ass, well an deem Kader gi ganz vill Informatiounen, perséinlech Donnéeën zrëckgehal. An et ass versicht ginn, iwwert dat Gesetz op Saachen ze regelen, wat hei mat aspilt.

A mir hunn am Fong, wéi mer den Avis zum RENITA geschriwwen hunn - deen ass och ganz détailléiert gewiescht -, wou herno decidéiert ginn ass, d'Gesetz dann net ze stëmmen. Et ass just de budgetäre Volet gestëmmt ginn, fir weiderzekommen an dat nach eng Kéier ze iwwerschaffen.

Déi Saache mam Einsatzleitsystem mat Digitalfunk mat dem Fichier central, deen et am Fong legal net gëtt, do gëtt et den INGEPOL mat dräi Voleten. De Fichier central huet och verschidde Voleten.

Munch Donnéeën sollen aus engem Volet erausgeholl ginn an an aneren transferéiert ginn. Mir müssen en État des lieux bei der Police maache vun deem, wat et elo wierklech do gëtt a wat fir engem legale Kader dat elo entsprécht. An do ass wierklech net nëmmen dat, wat mir haut diskutéiert hunn, wat matspillt, fir kënnen e gudden Avis ze maachen, mä dat geet vill méi wäit. Mir müssen dofir wahrscheinlech och vill méi d'Legislatioun kucke wéi nëmmen d'Datenschutzgesetz.

Ech géif gär kuerz op d'Autorité de contrôle judiciaire agoen. Mir dierfen elo och net déi dräi Autoritéiten vermischen. Also virun 2018 waren et der zwou: d'Autorité de contrôle « Article 17 » - déi hat keng Kompetenzen an der Fonction juridictionnelle vun de Cours et tribunaux -, an d'CNPD, déi aner Missiounen hat.

Elo ass en Deel vun den Attributiounen vun der Autorité de contrôle « Article 17 » bei d'CNPD iwwergaang.

An d'Traitementer, déi fréier ënnert den Artikel 8 vum Gesetz vun 2002 gefall sinn, wou et keng Autorité de contrôle ginn ass fir déi Traitementer, déi an der Fonction juridictionnelle bei de Geriichter gemaach ginn, do hunn d'Geriichter gesot: Wat mir am Code de procédure pénale an civile hunn, dat regelt den Dateschutz bei eis.

Et ass eng Nouveauté, datt et elo eng Autorité de contrôle judiciaire gëtt. An eleng déi Tatsaach, datt déi kreéiert ginn ass, begréisst mir.

Den éischte Projet, muss ech soen, vum Gesetzestext, do ware just Membre vun de Cours et tribunaux dran: Parquet, Tribunal administratif, mä et war iwwerhaupt keen Aussestehenden dra. A mir hunn ...

(Interruption)

Jo, mä dat deen éischte Projet. Do ware mir nach guer net virgesinn, fir och do Member an där Autoritéit ze sinn. Mir hunn natierlech eis Meenung derzou gesot, datt et wichteg ass, datt mir och do vertrauede sinn, fir datt mer kënne kucken, datt de Contrôle awer e bëssen an déiselwecht Richtung geet. Dat ass d'Jurisprudenz, déi déi zwou Autoritéiten herno wäerten an hiren Decisiounen huelen, datt dat net auserneendrift.

An do ... Bon, mir hunn et an de Virbereedungssëtzunge gesot an de Conseil d'État huet dat dann, souwäit ech weess, a sengem Avis recommandéiert. An et ass deem och Rechnung gedroe ginn. An esou si mer dann och Member vun där Autoritéit ginn.

An wa mer kucken, vu wou mer fortgaange sinn a wou mer elo stinn, da begréisst mir d'Situatioun. Et kann een natierlech och Saache besser maachen. Wéi den Här Lallemand sot: Mir sinn och net de Legislateur.

Merci.

M. Gilles Roth (CSV).- Nach eng ...

M. Charles Margue (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice.*- Den Här Roth an dann ...

M. Gilles Roth (CSV).- Ech maachen dat ganz kuerz. Ech soen nach eng Kéier, dass mir hei onzefridde si mat deem, wat geschitt ass. An och déi Explikatiounen, déi gi sinn. An ech verstinn, dass vläicht eng aner Appreciatioun gemaach gëtt. Mä wann ech esou ronderëm den Dësch kucken, mengen ech net, dass dat ongedeelt wier vu verschiddene Kolleegen, zumindest hei ronderëm den Dësch.

Ech soen lech riicht eraus, Här President: Dat hei geet au fin fond vun der Privatsphär vun den eenzelne Bierger. Mir hu 600.000 Leit, déi hei am Land wunnen. An et ass einfach onzoulänglech - et ass onzoulänglech! -, dass hei eng Dateschutzkommissioun seet - déi spezifesch als Autorité indépendante agesat ginn ass -: „Jo, mir müssen eis do emol schlaue maachen. Mir müssen emol kucken.“

Déi Problemer do, déi si bekannt! An et kann een och net maachen, wéi wann dat Gesetz den 1. August 2018 op eemol vum Himmel gefall wier. Dat ass jo eng europäesch Direktiv! Déi ass vun 2016! An déi Direktiv ass jo och net einfach esou op dem Handlaf geschriwwen ginn. Et kommen d'Ministeren zesumme mat dem Parlament eng Kéier. An da gëtt déi arrêtéiert.

An duerfir geet dat net. An ech soen lech ganz kloer: Mir akzeptéieren dat do net! An et ass hei elo just, well den Här Bausch e Rapport an Opdrag gëtt an mir müssen där Aarbecht nogoen.

Wan d'CNPD hei net à même ass, hirer Aarbech nozekommen, da muss d'Chamber al Volleksvertrieeder sech déi Mëttele ginn, fir déiselwecht Emquëten dann ze maache mat deene Mëttelen, déi hinnen am Endeffekt als Chamber zur Verfügung stinn.

An ech fuerderen an deem Sënn d'CNPD op: Nationalfeierdag si ganz vill Leit vun eis - Buergermeeschteren, Schäfte, Deputéierten - ugeschwat gi vun de Bierger dobaussen, déi net den Detail vun dësem Dossier kennen, mä déi dat net an der Rei

fonnt hunn! Se soten: „Et kann dach net sinn!“ Leit, déi 75, 80 Joer hunn: „Mir sinn dach net méi wéi an der DDR! Mir sinn dach net méi wéi bei de Preisen am Krich!“, fir et esou ze soen.

An dass hei Leit net Accès hunn zu hiren Donnéeën an net wëssen, wat dass stockéiert ass. An Dir hutt an Ärer Missioun, Artikel 9, stoen: « La CNPD facilite l'introduction des réclamations visées à l'article 8, point 6, par des mesures telles que la fourniture d'un formulaire de réclamation qui peut être rempli également par voie électronique, sans que d'autres moyens de communication ne soient exclus. »

Fir de Biergerinnen an de Bierger entgéitzekommen, Här President, dass se kënnen hir Polizeidonnéeën ufroen, hätte mer gär, dass d'CNPD bannent enger Woch - dat misst jo méiglech sinn - e Formulaire preparéiert, deem op dem Internetsite vun der CNPD steet an deem a véier Journalen, offiziell Dageszeitunge vu Lëtzebuerg publiéiert gëtt, dass all Bierger d'Recht huet, fir seng Polizeidonnéeën ze froen.

Wann een Transparenz priedegt, dat geet et net nëmmen, fir ze schwätzen, mä da muss ee se och maachen!

M. Laurent Mosar (CSV).- Här President, mir froe par ailleurs, fir ofzeschléissen an zur Konklusioun ze kommen, datt an enger nächster Sitzung déi zwou Autorité-de-contrôlen hei an der Kommissioun gehéiert ginn.

M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- D'Madamm Empain huet d'Wuert.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng).- Ech hunn dat doten elo héieren. Ech fannen et u sech och wichteg, dass mer déi Informatiounen kréien. Ech verstinn och den Drock iergendwou an d'Demande, dass een Informatiounen esou séier wéi méiglech kritt. Ech sinn och absolutt derfir, dass d'Bierger kënnen - ech mengen, dat war och elo schonn oft genuch an der Press -, dass jiddwereen e Recht huet, seng Informatiounen sichenzegen.

Wat mech mech elo e bësse gerwonnert ...

(Interruption)

Moment! Ech sinn nach net fäerdeg.

Et huet mech elo e bësse gewonnert, dass déi Demanden net extrem an d'Luucht gaang sinn. Also, ech mengen, et ass ganz kloer: Et ass keen, dee sech dergéint verschléisst, dass mer den Accès un déi Informatiounen esou einfach wéi méiglech gestalten.

Wat ech mech elo froen ass, en toute sérénité, wa mer elo wierklech en ... Dat ass jo quasi eng Invitatioun, fir esou vill wéi méiglech där Demanden ze maachen.

M. Gilles Roth (CSV).- Neen, et ass eng Applikatioun vum Gesetz.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng).- Neen, dat ass kloer. Dat ass kloer. Wa mir elo higinn an e Formulaire online setzen an doriwwer och gutt kommunizéieren, da si mer eis bewosst, dass eng ganz Rëtsch vun Demandë kommen. Net dass dat illegitim wier. Ech froe mech awer, ob mer net domadder och vläich e bëssen ...

(Interruption)

Mir hunn awer limitéiert Ressourcen.

Gi mer net doduerjer och e bësselchen d'Aarbecht ...

Neen, neen, neen! Dat ass ... Dir hutt eng Missioun, déi muss erfëllt ginn. An dat ass awer schonn eng gewëssen Tâche.

Wa mer elo higinn a mir pushen dat doten, mir sinn eis dann awer eens, dass de Rescht vun der Aarbecht vläicht e bësse méi laang kann daueren. Dat ass einfach vun engem, ech soen elo emol, mënschleche Point de vue eng Kéier opgeworf. Ech werfen d'Fro just op. Dir maacht draus ...

M. Gilles Roth (CSV).- Dat ass e Recht vum Bierger. An dat soll och kënnen applizéiert gi vun all Bierger.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng).- Et ass ...

M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- Den Här ...

(Interruption)

Une voix.- O.K.

M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.- Jo, Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten).- Also, mir haten eis bei de Piraten déi Fro och scho gestallt a mir sinn amgaangen, do wierklech en Tool ze entwéckelen, wou een herno einfach nëmme säin Numm a seng Adress agëtt. Dat wäert d'nächst Woch iergendwann online goen.

M. Laurent Mosar (CSV).- Awer mat allem Respekt fir d'Piraten ...

M. Charles Margue (déi gréng).- Loosst elo den Här Goergen schwätzen!

M. Marc Goergen (Piraten).- Mir begréissen awer, dass dat kënnt. Dat heescht, esou oder esou, wéi eng Argumenter dass Der do dergéint verwent, et kënnt! Mä mir huelen awer och déi aner Léisung gären un.

(Interruption)

M. Charles Margue (déi gréng).- Den Här LalleMeng.

M. Thierry LalleMeng, Collège de la CNPD.- Jo, wat dem Här Roth seng Interventioun ugeet, dass mir solle facilitéieren, fir eng Reklameatioun eranzeginn. Ech mengen, där Aufgab si mer schonn nokomm.

Deen Artikel, deem Der do sot, dat ass, wann een eng Reklamatioun bei der CNPD wëllt maachen. Do gëtt et e Formulaire bei eis, wann ee bei eis eng Reklamatioun wëllt eraginn.

Wat dat anert ubelaang, dat ass, wann ee säi Recht ausüübt, fir Accès op seng Donnëen ze froen.

(Interruption)

An do hu mer och Modeller ...

Une voix.- Ah!

M. Thierry Lallemand, Collège de la CNPD.- ... op eisem Internetsite.

M. Gilles Roth (CSV).- Ass dat an den Zeitungen? Well et ass net all ...Et ass net all ...

M. Charles Margue (déli gréng), Président de la Commission de la Justice.- Wannechgelift, loosst den Här Lallemand ausschwätzen! D'Aart a Weis.

M. Thierry Lallemand, Collège de la CNPD.- Fir de Rescht wëllt ech awer nach eng Kéier ...

(Interruption)

Fir de Rescht wëllt ech awer och nach eng Kéier soen: Ech mengen, et kann net vun eis verlaangt ginn, dass mir scho Konklusiounen haut kënne ginn vun deem Avis, wou mer wäerten zwee bis dräi Méint drop schaffen. Dat ass och net ... Soss komme mir eis eiser Missioun, fir d'Chamber an d'Regierung ze beroden, en Avis ze erstellen och net no. Well dann ass et keng seriö Aarbecht, wa mir eng Fro gestallt kréien an haut konkret Äntwerte musse ginn op en Avis, deem eis wahrscheinlech vill Aarbecht wäert kaschten, wat mer och gäre maachen.

M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice.- Merci, Här Lallemand.

Ech huelen all déi Avisen zur Kenntnis. Mer sinn eis a verschiddenen Appreciatiounen net ganz eens. Dat huelen ech och esou zur Kenntnis.

An ech proposéieren, dass mer an därselwechter Dispositioun vun deenen zwou Kommissiounen déi nächst Wochen och en Austausch hunn, wéi mer elo weiderfueren an deem Dossier, dass mer do eis selwer als Parlament, als Kommissioun e Wee ginn.

An ech verschléisse mech elo net der Demande vun der CSV, wann Der déi nach vläicht kéint formell erabréngen, dass mer och déi Leit nach géifen héieren. Ech géif awer proposéieren, dass mer eis vläicht, ier mer dat maachen, an enger Jointe nach eng Kéier géifen treffen, fir d'Situatioun ze erläuteren, de Wee, wéi mer wëlle weidergoen.

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Net néideg?

M. Laurent Mosar (CSV).- Neen, ech mengen, Här President, wann ech direkt elo dierf ... Ech mengen, et mécht jo keen Zweck, datt mer elo en Echange hunn, wa mer net all d'Donnéeën hunn.

M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice.- Okay.

M. Laurent Mosar (CSV).- Ech mengen, et ass méi logesch, mir huelen elo ..., wann dat méiglech ass, dass mer déi zwou Autorités de contrôle hunn. Da musse mer eis zwar vläicht méi Zäit huelen, well ...

(Interruption)

Jo, neen. Ech, och ...

(Brouhaha)

Dir hat mech virdrun ...

(Brouhaha)

nne, déi Judiciaire an déi virdrun, well elo gëtt et jo ganz vill Froe par rapport zum

Passé. Mir hätte gär déi zwou Kommissiounen; och déi al an hirer aler Kompositioun. Déi zwou.

M. Charles Margue, *Président de la Commission de la Justice*.- Okay. Ob mer dat elo déi nächst Woch hikréien oder ... Virun der Vakanz, hein?

M. Laurent Mosar (CSV).- Ben, jo.

M. Charles Margue, *Président de la Commission de la Justice*.- Jo, jo. Et muss ee jo awer och mat de Leit hiren Agendae kucken an och, wat mer soss nach an der Kommissioun hunn.

M. Laurent Mosar (CSV).- Absolutt. A mir sollen eis Zäit huelen, vläicht an zwee Deeg, fir déi zwou oder ech weess net ...

M. Charles Margue, *Président de la Commission de la Justice*.- Jo. Vun ...

M. Laurent Mosar (CSV).- Eis net selwer ze vill ënner Drock setzen, Här President.

M. Charles Margue, *Président de la Commission de la Justice*.- Här Bodry. Eng Iwwerleeung?

M. Alex Bodry (LSAP).- Jo, also meng Demande war am Fong, fir déi ze gesinn, déi elo en place sinn. Et geet jo elo dorëms haaptsächlech. Mir mussen derfir suergen, dass déi Prinzipie vum Gesetz vun 2018, wou mer all gemengt hunn, mir hätten domadder eng Rei vu Problemer aus der Vergaangenheet geléist, dass mer déi och wierklech geléist kréien. Duerfir géif ech à ce stade emol einfach soen, mer sollen eis emol mat där Spezialkommissioun elo, Justiz, déi d'Gesetz 2018 agesat huet als nei Instanz, dass mer eis emol mat där sollten ausenanersetzen, déi ganz aner Pouvoiren huet a Missiounen huet wéi déi virdrun.

M. Laurent Mosar (CSV).- Jo ...

M. Charles Margue, *Président de la Commission de la Justice*.- Ech hu jo richtig héieren? Pardon. Den Här Berger huet dat ënnerstëtzt?

M. Eugène Berger (DP).- Jo, dat war eigentlech virdrun och an déi Richtung. Ech mengen, sief et, datt een dat eben och zu engem Ament kéint maachen, mä eigentlech

am Parallelismus. Haut hu mer jo d'CNPD geholl, well déi zoustänneg si fir den Deel vum Contrôle vun der Ausféierung vum Gesetz, fir et emol esou ze formuléieren.

An eben, wann déi Fichiere bis d'Dier opgemaach hu respektiv beim Parquet sinn, dann ass déi nei Autorité de contrôle judiciaire do, datt een also an där Logik dann eben och déi Autoritéit géif déi nächst Deeg, nächst Woch gesinn. Well mer elo an där Logik sinn. Ech wëll awer domadder net gesot hunn, datt ech dergéint sinn, datt mer och eng Kéier déi fréier Autorité de contrôle géife gesinn.

M. Laurent Mosar (CSV).- Ech mengen, dat ass awer eppes, wat wichteg ass, wann ech dierf vläicht direkt hei äntwerten. Et geet jo, natierlech elo virun allem emol ëm déi Period no 2018. Do si mer eis eens. Mä et geet awer och trotzdeem ëm dee Volet virun 2018, well mer do awer eng Rei berechtigt Froen hei gestallt hunn, déi mer dann net beäntwert kritt hunn aus deene Grënn, déi d'Madamm Larsen an den Här Lallemand do gesot hunn.

Ech mengen, et ass awer och d'Recht vun der Chamber, gewuer ze ginn, wat do geschitt ass, datt mer zum Beispill déi Rapporten 2016/2017 net kritt hunn.

A mir sinn och am Recht ze hannerfroen, firwat déi Recommandatiounen, déi vun där Autorité de contrôle do iwwer Jore formuléiert gi sinn, a sech net implantéiert gi sinn. An ech mengen, déi Froe kënnen mer just un déi Autorité de contrôle stellen. Duerfir hu mir kee Problem dermat, wa mer mat där enger ufänken an dann déi zweet hannendrunhänken. Mä ech mengen, mir insistéieren op jidde Fall, datt déi zwou invitéiert ginn.

M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice.- An deem Sënn gëtt et eng Urgence, wat déi Häre Bodry a Berger ausgedréckt hunn, déi legitim Uleies vun Iech. Mä mir hunn eng Urgence. An dat anert ass méi, fir ze verstoen, wat am Passé geschitt ass. Awer wéi mer elo weiderkommen, an dat dreift mech als President vun dëser Kommissioun méi, ouni ze soen, dass déi aner Demanden net hir Daseinsberechtigung hunn. Just, fir Iech ze soen, wou ech wëll schnell hi kommen.

Da soen ech Iech Merci, all eise Gäscht, all de Kolleegen. An - wéi soll ech soen? - e rouegen Dag. Et gëtt waarm.

